

Aspekter si Wirtschaftsaspekter an dofir hu mer gemengt, et wär sënnvoll et e puermol an der Tripartite ze diskutéieren, well do jo och den Industriesecteur concernéiert ass.

Ech menge kënnen ze behaapten, datt mer hei zu Lëtzebuerg déi Procédure publique ganz large gestalt hunn am Verglach mat eisen Nopeschlänner a mer eis kee Virwurf brauchen ze maachen, wa mer dee Plang - do kann ech den Här Bodry berouegen - eréischt duerno op Bréissel schécken.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5104 iwwert den europäeschen Haftbefehl. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Santer, Fayot, d'Madame Beissel, den Här Henckes. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar.

10. 5104 - Projet de loi relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne

Rapport de la Commission juridique

M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den europäeschen Haftbefehl, dee mer haut an hei diskutéieren, geet a sech zréck op den Traité vum Amsterdam vun 1997, deen de sou genannten europäesche Raum vu Fräiheet, Sécherheet a Justiz an d'Liewe geruff huet.

Dësen europäesche Raum verfollegt bekanntlech verschidden Objektiv:

Éischtens soll d'fräi Zirkulatioun vun de Persounen innerhalv vun der Europäescher Unioun garantéiert ginn.

Zweetens soll d'Kontroll vun den Aussegrenzen zu dëser EU verstärkt ginn duerch eng Rei vu Mesuren.

Drëttens gesäit dësen europäesche Raum eng gemeinsam Asyl- an Immigratiounspolitik vir.

Schlussendlech a véiertens gëtt e grousst Gewicht op d'Preventioun vun der Kriminalitéit, awer och op de Kampf géint dës Kriminalitéit geluecht.

Fir all dës Objektiv ze erreechen, gëtt et a sech zwou Strategien. Déi eng ass déi fir no an no zu enger kompletter Uniformisatioun vun de Législatiounen am Strofberäich vun deenen eenzelne Memberstaten ze kommen. Déi zweet ass déi géigesäiteg Unerkennung vun de Justizdécisiounen vun deenen eenzelne Memberlänner.

De Sommet vun Tampere vun 1999 hat sech eigentlech fir déi zweet Strategie entscheet, déi sécherlech déi ass, déi méi schnell zu konkrete Resultater ka féieren.

Den europäeschen Haftbefehl ass a sech d'Resultat vun deene Reflexiounen um europäeschen Niveau, déi zum sou genannte Kompromëss vu Laeken vum Dezember 2001 gefouert hunn. Ech wëll dann och direkt betounen, datt wa wuel d'Attentater vum 11. September sécherlech derzou bäigedroen hunn dës Négociatiounen ze accélérieren, d'Iddi vum europäeschen Haftbefehl schonn am Prinzip virdrun zréckbehalde gi war.

Här President, ech wëll a mengen Ausféierunge fir d'alleréischent nach eng Kéier op d'Haaptélémenter an d'Charakteristike vum europäeschen Haftbefehl agoen, a mech dann an engem zweeten Deel haaptsächlech mat dräi prezise Punkte beschäftegen: Deen éischten, de praktesche Fonctionne-

ment vun dëser neier Prozedur, duerno mat dem Prinzip vun der duebler Incriminatioun, a schlussendlech mat der deelweiser Retroaktivitéit vun de Strofdoten, déi dëse Projet zréckbehält.

Ier ech awer heimadder ufänken, erlaabt mer e Merci ze adresséieren, an dat fir d'alleréischent un d'Kolleegeinnen an d'Kollegen aus der zoustänneger Kommissioun, déi, wéi ech dat vun hinne gewinnt sinn, op eng engagéiert a konstruktiv Manéier dëse Projet matdiskutéiert hunn. Op där anerer Säit awer och un d'Mataarbechter vum Ministère de la Justice, respektiv d'Représentantë vum Parquet, déi Damme Claudine Konsbruck a Martine Solovieff.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat sinn dann elo déi Haaptcharakteristike vun deem europäeschen Haftbefehl, sou wéi en am Projet de loi festgeschriwwen gëtt. Ech gesinn der haaptsächlech aacht, déi ech nach eng Kéier hei wëll kuerz resüméieren.

- De Mechanismus vum europäeschen Haftbefehl huet eng generell Portée an deem Sënn, datt et hei net drëm geet eng spezifesch Prozedur fir verschidde Forme vu Kriminalitéit anzeféieren, mä et drëm geet ganz einfach d'Regele vun der Ausliwwerung tëschent deene verschiddene Memberlänner duerch dësen neie Mechanismus ze ersetzen.

- Zweete grousses Prinzip ass deen, datt den europäeschen Haftbefehl sech baséiert op d'Feststellung, datt all Memberland dem Ugeklotten déiselwecht Rechter zougesteeet an datt d'Iwwerweisung vun enger Persoun aus engem Land an dat anert a sech keng Diminutioun vun dem Ugeklote senge Rechter ka mat sech bréngen. Dëse Prinzip verankert dann och d'Vertraue wat all eenzelnen EU-Memberstat an déi verschidde Justizsystemer vun deenen anere Staten huet.

- Drëttens gëtt mat dësem europäeschen Haftbefehl den aktuelle Mechanismus vun der Extradition definitiv ofgeschaaft, wat dann och derzou féiert, datt et net méi, wéi dat bis elo de Fall ass, de Pouvoir exécutif ass mä de Pouvoir judiciaire, deen décidéiert, ob oder ob net eng Persoun den Autoritéite vun engem aneren EU-Memberstat iwwergé gëtt. Dëst schéngt mer e besonnesch wichtegt Element ze sinn op dat een net genuch kann insistéieren, well domadder d'Roll vum Pouvoir exécutif an der Ausliwwerungsprozedur definitiv ofgeschaaft gëtt, an domadder eng ongesond Situatioun um Niveau vun der Gewaltentrennung verschwénnt.

- Véiertens, dësen neie Mechanismus stellt eigentlech e Kompromëss duer tëschent deenen zwou Approchen, déi ech virdru beschriwwen hunn, nämlech op där enger Säit d'géigesäiteg Unerkennung vun den eenzelne Justizdécisiounen, an op där anerer Säit d'Harmonisatioun vum Strofrecht um communautäre Plang.

- Dat heescht dann och, an domadder kommen ech zum fënnefte Prinzip vum europäeschen Haftbefehl, de Prinzip vun der duebler Incriminatioun gëtt an deem Sënn aménagéiert, datt en net ofgeschaaft gëtt, mä awer eng Rei vun Ausnahmen kritt, op déi ech spéider nach wäert agoen.

- Sechstens huet dësen europäeschen Haftbefehl keng Influenz op d'Asylrecht, grad sou wéi all Land weider kann d'Exekutioun vun enger Iwwerliwwerung vun enger Persoun refuséieren, wa se e politeschen Hannergrond huet.

- Siwentens limitéiert dëst Gesetz d'Recht, fir ze refuséieren den europäeschen Haftbefehl auszeféieren, op dräi Hypotheesen, éischstens d'Amnestie, zweetens d'strofrechtlech Mannerjahregkeet vum Inculpéierten an drëttens d'definitiv Verurteilung fir déiselwecht Faiteen an engem aneren EU-Memberstat, ënnert der Bedéngung aller-

déngs, dass d'Strof, déi fir dës Strofdoten ausgeschwat ginn ass, och exekutéiert gëtt.

- Aachtens a leschte grousses Prinzip, a sécherlech net deen am mannste wichtegen: An Zukunft kënnen och Statsbierger, déi d'Nationalitéit vun deem Land hunn, wat ausliwwert, och ausgeliiwwert ginn, dat heescht, dass dee sacro-sainté Prinzip vun der Non-extradition des nationaux domadder definitiv opgehuewe gëtt.

Här President, dëst sinn also déi Haaptprinzipien a -kritären, déi den europäeschen Haftbefehl regelen.

Ech wëll awer elo am Detail op verschidden eenzel Punkten agoen, déi mir an dësem Projet wesentlech erschéngen. An deen éischte Punkt ass a sech dee vum Champ d'application vun deem Gesetz, wat mir haut hei diskutéieren an hoffentlech och wäerte stëmmen. De Prinzip ass eigentlech relativ einfach. Wann an Zukunft d'Autorité judiciaire aus engem vun den EU-Memberlänner d'Iwwerliwwerung vun enger Persoun freet, sief dat weinst enger definitiver Verurteilung, sief dat weinst strofrechtleche Poursuiten, muss dës Décisioun vun all aner Autorité judiciaire vun engem EU-Memberland automatesch unerkannt an och ipso facto exekutéiert ginn.

Dëse Mechanismus ass also wesentlich méi einfach ze handhaben, wéi dee vun der Ausliwwerung. D'Virdeeler vun dëser Prozedur leien op der Hand. Mat dësem Instrument muss an Zukunft all Kriminellen, géint deen an engem Land eng Poursuite leeft, direkt un dat Land ausgeliiwwert ginn op Bas vum europäeschen Haftbefehl. Wat d'Terminologie vun där neier Prozedur betrëfft, gëtt et an Zukunft keng Extradition méi, mä eng sou genannten - an ech zitéieren: „Remise d'une personne recherchée par l'autorité d'exécution à la demande de l'autorité d'émission.“

Wéi geet dat elo an der Praxis? Fir d'alleréischent muss e Formular ausgefëllt gi vun der sou genannter Autorité d'émission. Dee Formular ass u mai Rapport annexéiert a kann iwwer all méiglech Weeër, inklusiv den elektronische Wee, un d'Autoritéite vum Pays d'exécution adresséiert ginn.

Mir haten an der zoustänneger Kommissioun eng länger Diskussioun, ob mir sollten, wéi d'Kaderdécisioun dat och virgesäit, eng Zentralautoritéit am Gesetz bestëmmen. Mir hunn awer dovunner ofgesinn, well mir fonnt hunn, dass dës Autoritéit jo héchstens kéint de Procureur général d'État sinn. Mir hunn allerdéngs gemengt, dass dëst net noutwendeg wär, well jo souwisou dëse Procureur général d'État d'Autorité hiérarchique vum Ministère public ass, an domadder d'Autoritéit iwwer all Officier vum Ministère public huet.

Et sief och nach dobäi gesot, dass, wa keng Zentralautoritéit am Text bestëmmt gëtt, automatesch de Parquet vun deem Arrondissement judiciaire, dee concernéiert ass, kompetent ass. Well déi Bestëmmung vun enger Zentralautoritéit an der Kaderdécisioun nëmme fakultativ ass, huet dofir d'Kommissioun och dovunner ofgesinn, esou eng Autoritéit ze designéieren, a läit d'ailleurs domadder an der Linn vun deenen allermeeschte Länner, déi bis elo den europäeschen Haftbefehl ratifizéiert hunn.

Ech wëll dann heimat iwwergoen op de Punkt vum Prinzip vun der duebler Incriminatioun, fir d'alleréischent emol nach eng Kéier festzehalen, dass dëse Prinzip weider bestoe bleift, awer eng Rei vun Derogatiounen wäert kréien. Ech wëll hei fir d'éischent nach eng Kéier preziséieren, dass, och wann de Prinzip vun der duebler Incriminatioun bei dësen Ausnahmen net méi

spillt, een hei net ka vun enger Atteinte zum Prinzip vun der Legalitéit vun de Strofdote schwätzen.

Et muss een nämlech wëssen, dass eng Persoun, déi um Territoire vun engem EU-Land Strofdote begéet, och an deem Land muss kënnen zur Verantwortung gezu ginn, an dëst och, wann dës Strofdoten net an hirem Hierkunftsland verfollegt ginn.

Ech géif mech och hei beruffen, souwuel op den Avis vum Statsrot wéi awer och op dee vum französische Statsrot, op dee sech eise Statsrot expressément stäipt. Am Projet de loi gëtt also elo eng Lëscht vun 32 Strofdote virgesinn, fir déi de Prinzip vun der duebler Incriminatioun net méi spillt, awer ënnert der ausdrécklecher Konditioun, dass déi Strofdote musse mat enger minimaler Héchststrof vun 3 Joer Prisong bestrooft ginn.

Dat heescht also, dass hei ënnert dës Regel nëmme Strofdote vun enger gewëssener Gravitéit falen. Wat heescht dat elo an der praktescher Ausféierung? Bei enger vun deene Strofdoten, déi an dëser Lëscht opgefouert ginn, an déi mat där minimaler Héchstprisongstrof sanktionéiert ginn, geet et duer, dass dës Strofdot am État d'émission poursuiviéiert gëtt, an net méi och gläichzäiteg am État d'exécution.

Ech wëll dann och nach eng Kéier am Numm vun der Kommissioun eis Suerg widderhuelen, dass déi Lëscht eng ganz Rei vu Strofdote comportéiert, déi an deenen eenzelne Länner verschidde konstitutiv Elementer beinhalten, sou dass d'strofrechtlech Qualifikatioun vun deene Strofdoten net ëmmer ganz einfach wäert sinn.

Nach muss een awer feststellen, dass déi Lëscht zumindest de Mérite huet, zimlech kloer Konture vun deene viséierte Strofdoten ze zeechnen. Mir haten an der Kommissioun eng länger Diskussioun iwwert d'deelweist Ofschafe vum Prinzip vun der duebler Incriminatioun, dëst ganz besonnesch am Kontext vum Bankgeheimnis.

Verschidde Kolleegeinnen a Kollege fäerten, dass déi Lëscht vun deenen 32 Strofdoten, déi och d'Escroquerie beinhalt, kéint benotzt ginn, fir d'Bankgeheimnis definitiv zu Fall ze bréngen. Och wann ech d'Suerge vun dëse Kolleegeinnen a Kollege kann novollzéien, sou mengen ech dach, dass se net berechtigt sinn, an dat aus zwee Grënn.

Éischtens ass, wat d'Interpretatioun vun enger Strofdot ubetrëfft, et ëmmer méiglech, iwwer eng Question préjudicielle den Europäesche Gerichtshaff ze saiséieren.

Zweetens ass et de toute façon elo schonn esou, dass am Kontext vun der Entraide judiciaire en matière pénale d'Escroquerie fiscale drënen fällt, sou dass et eigentlech net sënnvoll ass, sech groussaarteg Gedanken driwwer ze maachen, ob oder ob net d'Escroquerie fiscale ënnert d'Strofdote vun der Lëscht vun dem europäeschen Haftbefehl fällt, well de toute façon jo haut scho kann ënnert dem Régime vun der Entraide judiciaire en matière pénale eng Rechtshëllef bei enger Escroquerie fiscale ugefrot ginn.

Zur allgemenger Berouegung, an dat ass eis jo och nach eng Kéier bestätegt ginn, vun de Représentantë vum Parquet, ass säit der Adoptioun vum Gesetz iwwert d'Entraide judiciaire en matière pénale d'Zuel vun esou Demanden och am fiskale Beräich net wesentlich an d'Luucht gaangen.

Ofschléissend zu dësem Punkt géif ech also wëlle behaapten, dass contrairement zu deem, wat vu verschiddene Säite gefäert gëtt, d'deelweist Ofschafe vum Prinzip vun der duebler Incriminatioun net wäert d'Diere wäit opmaachen, fir definitiv d'Bankgeheimnis ewechzespullen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kéim dann domadder zu engem drëtte Punkt, deen d'Kommissioun och méi laang beschäftigt huet a wou mir schlussendlech en Amendement zréckbehalen hunn, nämlech d'Fro vun der Retroaktivitéit souwuel vun der Prozedur wéi och vun de Strofdoten, déi à la base vun engem europäeschen Haftbefehl sinn.

Ech wëll dann elo nach eng Kéier hei op d'Problematik vun der Retroaktivitéit, sou wéi se am Artikel 37 festgeluecht ginn ass, zréckkommen. Am urspringlechen Text vun der Regierung ass et jo esou gewiescht, dass den Text vun der Kaderdécisioun tel quel iwwerholl gi war, an dësen Text gesäit eng integral Retroaktivitéit vun de Strofdote vir, déi virun dem Akraafttriede vun dësem Gesetz begaange gi sinn.

Déiselwecht Kaderdécisioun huet awer och d'Méiglechkeet virgesinn, dass all Memberland dës Retroaktivitéit kéint ausschléisse fir déi Period virum 7. August 2002. Den Ursprungstext hat wéi gesot dës fakultativ Ausnahm net virgesinn. Mir sinn awer an der Kommissioun zur Konkursioun komm, dass ee bei all Gesetext, esou wäit wéi et méiglech ass an esou wäit keng exceptionell Grënn dogéint plädéieren, een ëmmer soll prinzipiell d'Retroaktivitéit fir Strofdoten ausschléissen. Dofir hu mer dann och en Amendement adoptéiert, deen also elo d'Retroaktivitéit virum 7. August 2002 formell ausschléisst. Mir sinn domadder an darselwechter Logik wéi ënner anerem Frankräich, Italien an Éisträich, déi och vun dëser Derogatioun Gebrauch gemaach hunn.

Wat heescht dat elo am Kloertext? An Zukunft ziele fir all Infractiounen, déi an iergendengem EU-Memberland virum 7. August 2002 begaange gi sinn, nach déi al Regele vun der Extradition respektiv spillt hei och nach de Verbuet fir seng national Bierger auszeliwweren. Fir Infractiounen, déi nom 7. August 2002 begaange gi sinn, spillen d'Regele vum europäeschen Haftbefehl, wat dann och am konkrete Fall heescht, dass zum Beispill e Lëtzebuerger Statsbierger kann an d'Belsch oder a Frankräich iwwergi ginn, wann him zum Beispill eng Escroquerie fiscale virgeworf gëtt. Och wann d'Kommissioun léiwer all Retroaktivitéit, och déi nom 7. August 2002 ausgeschloss gesinn hätt, esou huet d'Kaderdécisioun eis leider Gottes dës Méiglechkeet net gelooss.

Dësen Amendement ass net vun all Member vun der Kommissioun guttgehalde ginn, well d'Meenung opkomm ass, Lëtzebuerg géif sech erëm hei wëlle laanscht déi grouss Prinzipie vum europäeschen Haftbefehl drécken a sech an engem Eck mat Länner wéi Éisträich an Italien erëmfinden. Dës Meenung kann ech allerdéngs net deelen, well de Bierger nëmme kann opgrond vu Gesetzter, déi an deem Moment a Kraaft ware wou en eng Strofdot begaangen huet, condamnéiert ginn. Fir am Sportsjargon ze bleiwe kéint een och soen, dass d'Spillregelen net kënnen während dem Spill geännert ginn.

Nach e lescht Wuert zu de Signalementer vum Informationssystem Schengen, oder ofgekierzt SIS. Dës Signalementer wäerten also an Zukunft d'Base vun all Haftbefehl sinn, an dëst vum A-Kraafttriede vun deenen heitegen Texter un. Dës Signalementer sinn u sech gläichzesetze mat engem Haftbefehl a ginn och duer fir d'Autoritéite vun deem Land, wat den Haftbefehl kritt, dozou ze bréngen, déijéineg Persoun oder Persounen den Autoritéite vum Pays d'émission ze iwwerginn.

Déi Signalementer kréien domadder eng grouss Valeur juridique, an ech géif mer och am Numm vun der Kommissioun wënschen, dass dës Schengener Informationssystem esou organiséiert an enca-dréiert gëtt, dass en esou wäit wéi

méiglech all Iertëmmer a Pannen ausschléisst. An Zukunft geet et nämlech duer, dass e Bierger an dësem Informatiounssystem signaliséiert gëtt, fir dass en à tout moment an iergendwéi engem EU-Memberland ka festgeholl ginn an deem EU-Memberland iwwergeri gëtt, dat d'Demande mécht. Et ass dofir onerlässelech, dass de Fonctionnement vun dësem Informatiounssystem Schengen esou geregelt gëtt, dass den europäesche Bierger maximal virun all Zorte vun Abüen an Iertëmmer geschützt gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst gesot kommen ech och domadder schonn zu menger Konkulsioun. De Projet, dee mer haut stëmmen, ass e Mellesteen um Wee zum geplangten Espace de liberté, de sécurité et de justice esou wéi en am Traité vun Amsterdam zréckbehalen ginn ass. En ass net nëmme en éischte Schrëtt a Richtung vun enger Harmonisation vum Strofrecht op EU-Niveau, Harmonisation, déi - an ech mengen, do si mer eis allegueren hei eens - muss dat Endzil sinn, wat mer eis allegueren setzen, och wann ech mer bewosst sinn, dass dann nach eng ganz Rei vun Hindernisser aus dem Wee ze raumen sinn.

Den europäeschen Haftbefehl ass awer doniewent en effikass Instrument fir méi schnell a méi onkomplizéiert d'Kriminalitéit op EU-Niveau effizient ze bekämpfen an de Kriminellen an deene kierzesten Délaien hire Prozess ze maachen. Och wa sécherlech net all Froen an dësem Kontext beäntwert sinn, géif ech dach soen, dass d'Virdeeler vun dësem neien Instrument eventuell Nodeeler esou staark iwwerweien, dass eigentlech kee verantwortungsvolle Politiker, deem de Kampf géint d'Kriminalitéit a fir méi Sécherheet um Häerz läit, géint dëse Projet ka stëmmen. An deem Sënn géif ech lech dofir allegueren bieten, dësem Projet Är Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Patrick Santer agedroen. Den Här Santer huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Patrick Santer (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech dem Rapporteur, mengem Fraktiounskolleeg, dem Laurent Mosar, merci soe fir säi klaren a komplette Bericht an dëser juristescher extrem komplexer a komplizierter Matière.

D'Ausliwwerung vun enger Persoun, déi sech an engem Land ophält, fir se an engem anere Land viru Geriicht ze stellen oder fir do strofrechtlech Uerteeler nozegoen, an anere Wieder am Kader vun der Poursuite oder der Exekutioun vu Strofen, ass traditionell als en Akt vum Pouvoir souverain ugesi ginn. D'Ausliwwerungsprozedur war also eng souverän staatlech Prerogativ, déi sech an engem Kontext vun heiansdo méi, heliansdo manner gespaante politeschen an diplomateschen tëschestaatleche Relatiounen ofgespillt huet. Och wa bei klaseschen Ausliwwerungsprozeduren d'Gerichter heiansdo mat agebonne goufen, war de Stat eleng zoustänneg.

De Grond vun deem Souveränitéitsakt läit an engem présuméierte Mësstraue géigeniwwer dem Rechtssystem vun deem Stat, deem d'Ausliwwerung freet. Dat erkläert och, datt e Stat seng eege Bierger net ausgeliiwert huet.

Dës klasesch Duerstellung vun der Ausliwwerungsprozedur, déi op tëschestaatlech Bezéiunge begrënnt, ass am Kader vun der Europäescher Unioun net méi vertriebar. Si ass den Erwaardunge vun engem Espace de liberté, de sécurité et de justice, dee säit dem Trai-

té vun Amsterdam vun 1997 als en Objectif majeur vun der Europäescher Unioun deklaréiert gouf, net méi ugepasst.

D'Ausliwwerungsprozedur ginn am europäesche Raum duerch eng Konventioun, déi am Kader vum Conseil de l'Europe ugeholl gouf vum 13. Dezember 1957 an déi 1975 an 1978 duerch zwee Protocoles additionnels vervollstännegt ginn ass an duerch eng Konventioun vun 1977 iwwert d'Repression du terrorisme geregelt. Dës Konventiounen, och wa se hirer Zäit ugepasst waren an deemools e reelle Progrès duergestallt hunn, droen deene privilegiéierte Relatiounen tëschent de Memberstaaten an der Europäescher Unioun net genuch Rechnung.

D'Konventioun vum 19. Juni 1990, déi d'Schengener Accorden applizéiert, huet zwar d'Informationsmechanismen tëschent de Memberstate verbessert an d'Kontakter tëschent de verschiddenen nationalë Justizautoritéite vereinfacht, mä si huet näischt Neies par rapport zu dem klaseschen Ausliwwerungsmechanismus vun der Konventioun vun 1957 matbruecht. Och déi méi rezent Konventiounen, déi am Kader vum Maastrichter Vertrag 1995 an 1996 ugeholl goufen an déi mer am Juni 2001 approuvéiert hunn, sinn an dëser Hinsicht net innovativ genuch.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Den europäeschen Haftbefehl, dee mer haut wäerten ëmsetzen, bedeit, wat d'Natur vun den Ausliwwerungsprozeduren ugeet, eng Revolutioun an deem Sënn, datt e grondsätzlech der politescher Natur an der tëschestaatlecher Natur vun der Ausliwwerung de Réck dréint. D'Ausliwwerungsprozedur ginn net nëmme vereinfacht a méi séier gemaach, si kréien och eng absolut nei Natur. D'Kärstéck vun der Prozedur ass deemno net méi d'Ausliwwerungsdemande vun engem Stat un en anere Stat, d'Demande, déi op enger internationaler Konventioun baséiert, mä den Haftbefehl selwer, dee vun enger Justizautoritéit ausgestallt gëtt an un eng aner Justizautoritéit verschéckt gëtt. D'Acteure sinn net méi d'Staten, mä d'Justizautoritéiten, déi direkt ënnerteneen kommuniquéieren, an d'Ausliwwerungsprozedur ënnerläit kenger internationaler Konventioun méi, mä gëtt duerch d'national Gesetzgebung geregelt.

Dës lescht Constatatioun, datt et déi national Gesetzgebung ass, déi d'Ausliwwerungsprozedur festleet a keng international Konventioun méi, ass eng logesch Schlussfolgerung vum Choix vum Instrument, deem um europäeschen Niveau benotzt ginn ass fir den europäeschen Haftbefehl ze regelen, an zwar d'Décision-cadre. Dir wësst, datt eng Décision-cadre de Memberstat, wat d'Resultat ugeet, bënnt, him awer de Choix léisst wat d'Moyenen ugeet, fir dëst Resultat ze erreechen. D'Décision-cadre ass der Direktiv gläichzestellen, nëmme datt d'Décision-cadre a kengem Fall en Effet direct kann hunn, dat heescht, direkt, ouni national Transpositionsmoossnamen, engem Stat opposéiert ka ginn.

Den europäeschen Haftbefehl bedeit e fundamentale Paradigme wiessel vun enger klasescher Konzeptioun, wou ënnerschwelllegt Mësstraue géintiwwer engem auslänneschen, wann och europäesche Rechtssystem, d'Ausliwwerungsprozedur geprägt huet, ass den europäeschen Haftbefehl op engem géigesäiteg Vertrauen un déi jeeweileg Rechtssystemer an op eng Unerkennung vun den Uerteeler a Gerichtsentscheedungen vun de respektive Justizautoritéiten an deenen anere Memberstaaten opgebaut.

Deen am Amsterdamer Vertrag festgeschriwwene Raum vu Sécherheet, Fräiheet a Justiz kann een iwwer zwee Moyenen erree-

chen. Entweder duerch eng Harmoniséierung vun de Strafgesetzer oder iwwert de Prinzip vun der géigesäiteger Unerkennung vu Gerichtsentscheedungen. Et ass dës leschte Wee, mat enger Combinatioun vun der Harmoniséierung, mä besonnesch dës leschte Wee, dat heescht, déi géigesäiteg Unerkennung, déi et och an aner Gebidder am Europarecht gëtt, wéi zum Beispill am fräie Wuerververkeier, deen am Fall vum europäeschen Haftbefehl ugewannt ginn ass.

Den europäesche Conseil vun Tampere vum 15. a 16. Oktober 1999, dee sech exklusiv mat Justiz- an Affaires-intérieures-Froe beschäftigt huet, an deen an dës Froen de Prinzip vun der géigesäiteger Unerkennung festgehalten huet, kann als Gebuertstonn vum europäeschen Haftbefehl ugesi ginn.

Et ass falsch déi terroristesch Attentater vum 11. September 2001 als Ausléiser vun der Décision-cadre vum 13. Juni 2002 ze gesinn, nëmme well d'Propos vun der Kommissioun op de 15. September 2001 zréckgeet. Dat wier déi préalable Konsultationsphas, déi bis an d'Joer 1999 zréckgeet, an de Plan d'action vun der Kommissioun iwwert de Crime organisé vum Fréijor 2000 vergiessen. Wouer ass et awer, datt den 11. September 2001 zwar net als Ausléiser, mä bestëmmt als Facilitateur vum europäeschen Haftbefehl fungéiert huet. Den europäeschen Haftbefehl wier komm, och ouni dës Attentater, mä vläicht net esou séier.

Här President, de Mechanismus hannert dem europäeschen Haftbefehl kléngt einfach, wann eng Justizautoritéit aus engem Memberstat d'Remise, dat heescht d'Ausliwwerung vun enger Persoun wëllt, entweder fir dës Persoun viru Geriicht ze stellen, oder fir eng Strof géint dës Persoun kënnen ze vollstrecken, da wenn dës Autoritéit sech un hiren Homologue aus dem Memberstat, wou dee Konzernéierte sech befënt, a seng Entscheedung gëtt dann an dësem zweete Memberstat unerkannt an exekutiert.

Datt et méi komplex wéi dat ass, hutt Der lech schonn am Bericht, dem mëndleche wéi och dem schréffleche Bericht vum Rapporteur kënnen iwwerzeegen. A well de Rapporteur d'Detailer vun der Prozedur schonn erkläert huet, wëllt ech lech dat net nach eng kéier virdroen an esou de Rapporteur onnéidegerweis paraphraséieren.

Här President, den europäeschen Haftbefehl huet besonnesch op zwee Punkten d'Opmierksamkeit vun der Politik an de spezialiséierte Medien gezunn. Den éischten ass dee vun der duebler Incrimination, an den zweeten dee vun der Ausliwwerung vun den eegene Bierger. Wat d'duebel Incrimination ugeet, wier et eng simplistesche Vereinfachung vum Ausliwwerungsmechanismus vum europäeschen Haftbefehl, fir pauschal ze behaupten, den europäeschen Haftbefehl hätt dës Prinzip vun der duebler Incrimination ganz ofgeschaaft.

Dës Prinzip, deen a klaseschen Ausliwwerungskonventiounen festgehalen gëtt, seet, datt eng Ausliwwerung nëmme ka stattfannen, wann d'Infractioun, déi vun der Persoun, déi et auszeliwwere gëtt, begaange ginn ass, an déi Demande d'extradition begrënnt, also wann dës Infractioun esouwuel am Land, dat d'Ausliwwerung freet, bestrooft gëtt, wat natierlech a logesch schéngt, mä och an deem Land, dat d'Ausliwwerungsdemande auszuféieren huet. Dës Prinzip bleift direkt oder indirekt am europäeschen Haftbefehl bestoen.

Direkt am Artikel 3 (1) vum Projet de loi steet kloer, datt den europäeschen Haftbefehl net ausgefouert gëtt, wann d'Faiten, déi dësem Haftbefehl zu Grond leien, net an eiser Gesetzgebung och bestrooft ginn. Dësen Artikel 3 (1) ass also eng kloer Bestätegung vum Prinzip vun der duebler Incrimination, mä seet den Artikel 3 (3) vum Projet, an enger ganzer Rei vu Fäll gëtt déi duebel Incrimination net kontrolléiert. Dofir bedéngt et, datt d'Faiten an eng vun deenen 32 Infractiounen, déi am Artikel 3 (3) opgeléicht ginn, sech areien, an datt de Stat, deen d'Remise freet, esou Faite mat enger Mindesthéchststrof vun dräi Joer bestrooft.

D'Iddi, déi dohannert stécht, ass, datt Faiten, déi an déi Lëscht passen, wichteg, wann net essenziell Infractiounen duerstellen a souwiso an all Land bestrooft ginn, wat d'Kontroll vun der duebler Incrimination iwwerflësseg mécht.

Hei muss ee ganz gutt oppassen. Den Artikel 3 (3) beseet net, datt an deene Fäll, dat heescht, d'Lëscht vun deenen Infractiounen, plus Mindesthéchststrof, d'duebel Incrimination ofgeschaaft gëtt, mä datt keng Kontroll op dësem Punkt gemaach gëtt.

D'Lëscht vun deenen Infractiounen ass dacks kritiséiert ginn, well se onkomplett oder vague formuléiert wier. Heizou muss gesot ginn, datt wann een dës Lëscht als juristesche Infractiounen versteet, ee bestëmmt Recht huet, mä op dëser Lëscht sti keng juristesche Termen, a wann dach, da si se net esou ze verstoen, mä generell Termen, déi op enger Rei vu juristeschen Infractiounen Uwendung fannen. De lëtzebuergesche Richter, deen eng Demande am Kader vum europäeschen Haftbefehl kritt, muss examinéieren, ob d'Faiten an dës Lëscht erafalen, an dat mécht e mat senger Konzeptioun vum Recht, dat heescht mat senger Konzeptioun vum Lëtzebuergesche Recht.

Wann d'Äntwert positiv ass, ass de Lëtzebuergesche Richter un d'Bedéngunge vum auslännesche Recht gebonnen, an dann ass en dozou verflücht déi duebel Incrimination net ze kontrolléieren, dat heescht, net ze kontrolléieren ob datselwecht och hei am Land bestrooft ka ginn.

Wéi se dat héieren hunn, hu Verschiddener schonn ëm d'Finanzplaz gebaangt, a gesot, datt bei all Steuerhannerzéiung oder Fraude fiscale elo d'Acteure vun der Finanzplaz als Kompliz oder Co-auteur a strofrechtlech Prozesser am Ausland géife mat abezu ginn. Vun der Territorialitéit vun den Infractiounen, op déi ech wäert zréckkommen, emol ofgesinn, ass et zwar richteg, datt d'Lëscht vum Artikel 3 (3) vum Projet nëmme d'Froen opzielt, dës Opreegung, wa se a verschiddene Fäll och verständlech ass, ass et scho gi wéi Lëtzebuerg d'Escroquerie fiscale 1996 agefouert huet an zougehoos huet, datt a Fäll vun Escroquerie fiscale d'Entraide judiciaire wäert gestatt ginn, et kann een no bal zéng Joer awer feststellen, datt d'Invasioun vun de Barbaren, déi deemools gefäert ginn ass, ausbliwwen ass.

Dobäi wëll ech awer betounen, datt et dem Image vun eiser Finanzplaz besser géif doen no bausse positiv Biller vun technescher Kompetenz an effikasse Servicer wéi de Projet iwwer d'Titrisation, dee mer elo gläich wäerte stëmmen, ze ginn, wéi se als onbesichtbar Festung mat héije Maueren an déiwe Griewer duerzestellen. Klammer emol zou.

(Interruptions diverses)

Et ass eng kleng Festung, also geet e Gruef duer!

Och wann d'Kontroll vun der duebler Incrimination a verschiddene Fäll net virgeholl gëtt, spillt awer d'duebel Incrimination och an

deene Fäll eng wichteg Roll. Si kënn souzesoen duerch d'Hannerdier erëm eran.

De Lëtzebuergesche Richter brauch en europäeschen Haftbefehl net auszuféieren, wann d'Infractioun ganz oder deelweis um Lëtzebuergesche Territoire stattfonnt huet, oder wa se ausserhalb vum Territoire vun deem Land, wat d'Ausliwwerung freet, stattfonnt huet, an d'Lëtzebuergesche Recht esou extraterritorial Infractiounen net ënner Strof stellt.

Hei kënn also d'duebel Incrimination erëm an d'Spill, besonnesch a Fäll wou déi gesichte Persoun zu Lëtzebuerg wunnt, an duerch hiren hei am Land ausgeübte Beruff an eng strofrechtlech Affär wëssentlech oder net mat eragezu gëtt.

Den zweete Punkt, op deen ech wëll agoen, ass dee vun der Ausliwwerung vun den eegene Landsleit. De Verbuet vun der Ausliwwerung vun den eegene Bierger ass ee Prinzip, deen an alle klaseschen Ausliwwerungskonventiounen steet. An der Konventioun vun 1996 steet zwar geschriwwen, datt: „L'extradition ne peut être refusée au motif que la personne qui fait l'objet de la demande d'extradition est un ressortissant de l'État membre requis.“ Bei der Approbation vun der Konventioun duerch ee Gesetz vum 20. Juni 2001, huet Lëtzebuerg erkläert, datt se d'Ausliwwerung vun hiren eegene Bierger net wäert autoriséieren.

Beim europäeschen Haftbefehl an deem fundamentale Paradigme wiessel, deen e mat sech bréngt, spillt d'Nationalitéit vun der auszeliwwender Persoun keng Roll méi. Ausser an zwee Fäll: Éischtens, wann et sech beim europäeschen Haftbefehl ëm d'Vollstreckung vun enger scho gesprachener Strof handelt, also en Haftbefehl exécution, an déi gesichte Persoun an engem Land wunnt, brauch dat Land den europäeschen Haftbefehl net auszuféieren, wann et sech zur selwechter Zäit engagéiert, formell engagéiert, dës Strof auszuféieren an dës Persoun an engem vu sengen eegene Prisongen anzespären. Dës Méiglechkeet erstreckt sech net nëmme op d'Bierger, op d'Nationaux vun engem Land, mä och op all déi, déi an engem Land wunnen.

Den zweete Fall, wou d'Nationalitéit oder besser gesot den Domicil vun der gesichter Persoun a Fro kënn, ass, wann dës Persoun am Kader vun der Instruktioun iwwert den europäeschen Haftbefehl gesicht gëtt. Wa se an engem Land wunnt, kann dat Land der Ausliwwerung, also dem europäeschen Haftbefehl stattginn, an dës Persoun ausliwweren, awer ënnert der Bedingung, datt déi Persoun, wa se eng kéier bis condemnéiert ginn ass, erëm zréck an dat Land, wou se virdrun domiciliéiert war, kënn, fir do hir Strof ofzesetzen. An dësen zwee Fäll, déi bei enger vu Mësstraue geprägter klasescher Konventioun net méi ermëzefanne waren, dréngt awer hei de Paradigme wiessel vum europäeschen Haftbefehl ganz kloer duerch, dat heescht eng ëmmer present Unerkennung vun de Gerichtsentscheedungen an d'Vertrauen an dat anert Rechtssystem bannent der Europäescher Unioun.

Här President, déi dagdeeglech Ausféierung vum europäeschen Haftbefehl wäert och Problemer mat sech bréngen. Et dierf een zum Beispill net déi Lëscht mat den Infractiounen, wou keng Kontroll vun der duebler Incrimination duerghefouert gëtt, mësbrauch, fir d'Ausliwwerungen duergzeboxen an aner Länner onnëtz an e falscht Licht ze stellen, si wëilten den europäeschen Haftbefehl an d'Logik vun der géigesäiteger Unerkennung vu Gerichtsdecisiounen net respektéieren.

Mir wësse jo, datt am Kader vun der Entraide judiciaire, wou Lëtzebuerg jo nëmme kooperéiert, wann et sech ëm eng Escroquerie fiscale handelt, d'Escroquerie fiscale als

Grond vun enger Demande d'entraide judiciaire net ugi gëtt, mä datt een do op aner Infractiounen zrëckgräift, wéi de Faux en écriture oder de Faux bilan, fir d'Escroquerie fiscale ze vertuschen. Esou Spillercher déngen net derzou dat géigesäitegt Vertrauen, wat awer d'Basis vum europäeschen Haftbefehl duerstellt, ze stäerken.

Mir mussen och oppassen, datt déi nei Memberstaten an all déi, déi nei Kandidat fir d'Europäesch Unioun sinn oder wëlle sinn, och déi néideg Garantieë bidden, fir datt se dem europäeschen Haftbefehl kënne bäitrieden. Mengem Erachten no ass dat hautdésdags net an alle Länner de Fall. Wann d'Vetrauen an aner Rechtssystemer, déi et an der Europäescher Unioun gëtt, verschwénnt, dann ass et mam europäeschen Haftbefehl gedoen.

Et bleift awer, an dat steet am Considérant 12 vun der Décision-cadre vun 2002, dass déi europäesch Mënscherechtskonvention och bei der Ausféierung vum europäeschen Haftbefehl voll Uwendung fënnt an datt d'Regele vun där Konvention an d'Jurisprudenz vum europäesche Mënscherechtsgerichtshaff musse respektéiert ginn, wat eng zousätzlech Garantie fir de Justiciablen duerstellt. D'Gerichtsinstanze mussen déi Regeln a Jurisprudenz strikt uwenden, och wa se den europäeschen Haftbefehl ausféieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den europäeschen Haftbefehl ass e wichtige Schrëtt a Richtung vun engem eenheetleche Raum vu Sécherheet, Fräiheet a Justiz. Den europäeschen Haftbefehl ass den éischte Schrëtt a Richtung vun enger europäescher Justiz. An déi europäesch Justiz, och wa se duerch national Geriichter ugewant gëtt, ass à terme zumindest vun engem politesch, wirtschaftlech a sozial integréierte Raum, deem d'Europäesch Unioun vu sech behaupt, net ewechzedenen.

An der Hoffnung, datt dat géigesäitegt Vertrauen net nëmme während den Négociatiounen vun der Décision-cadre, mä och während der Ausféierung vun dem sou geschafene Regelwierk wäert weiderbestoe bleiwen a sech wäert verstärken, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Santer. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, mir setze mat deem Gesetz eng Décision-cadre vum Conseil vom 13. Juli 2002 ëm. De Lëtzebuerger Gesetzestext ass den 11. Mäerz 2003 deponéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 19. Dezember 2003 erausbruecht an den 3. Mäerz 2004 huet d'juristisch Kommissioun vun der Chamber hire Bericht ugeholl. Ech wollt an deem Zusammenhang de Bericht aus der Fieder vum Kommissionspräsident Laurent Mosar ganz ausdrécklech luewen. En ass ausféierlech a prezis zouglaich. Ech mengen, et ass eng gutt parlamentaresch Aarbecht, déi hei geleescht ginn ass.

Dat verhënnert awer net, Här President, dass ee souwuel der Regierung wéi dem Statsrot de Virwurf net erspuere kann, bei dëser wichtiger Aarbecht a Veruch geroden ze sinn. Dat ëmsou méi, wéi jo den Text den 1. Januar 2004 a Kraaft triede soll an och a Kraaft getrueden ass. Allerdéngs si jo nach eng Partie Länner, déi dat bis elo nach net gemaach hunn, dorënner ass och Lëtzebuerg.

Ech géif dat net soen, wann een net allgemeng e Veruch hei zu Lëtzebuerg am Emsetze vun europäeschen Texter géif constatéieren. Ech versti selbstverständlech,

dass de Justizministère, wéi och aner Ministèren, personalméisseg ënnerbesat ass an déi vill national an europäesch Aufgaben de Beamten iwwert de Kapp wuessen. An dat wäert mat der nächster Présidence ufanks 2005 net besser ginn. Ech verstinn och esouguer, datt de Statsrot fir säi ganz fouilléierten Avis Zäit gebraucht huet, mä trotzdeem brauche mer, mengen ech, insgesamt ze laang Zäit bei der Transposition vun den europäeschen Texter. Menger Usicht no misst d'Regierung sech emol eng Kéier ganz seriö mat deem Problem do ofginn.

Här President, mir si mat deem Text op engem vun deene schwieeregste Gebidder vun der europäescher Politik. Mir sinn um Gebitt vum sou genannten drëtte Piller, dat heescht der Zesummenaarbecht um Gebitt vun der Justiz an der ënnerer Sécherheet. Dat ass e schwieereg Gebitt, well et sech hei ëm wesentlech Elementer vun der nationaler Souveränitéit handelt, ëm d'Gerichter, ëm d'Police, ëm d'Unerkennung vun den Uerteeler, ëm d'Vetrauen an de Justizapparat vun den anere Länneren.

Am allerschwieeregsten ass déi Zesummenaarbecht um Gebitt vum Strofrecht, déi am Vertrag vu Maastricht jo ënnert dem Titel 6 vum Vertrag iwwert d'Europäesch Unioun enthalen ass. All Rapprochement op deem Gebitt si bis elo an den Usätz stieche bliwwen. Wéi de Rapporteur erwänt, sinn 1995 an 1996 zwou Konventionen opgrond vum Artikel K3 vum Maastricht-Vertrag ugeholl ginn, déi awer ni a Kraaft getruede sinn, well net genuch Länner se ratifizéiert hunn. Schonn eleng den Text vum deem Artikel K3 weist, wann een dee liest, wéi zögerlech d'Zesummenaarbecht vun de Gerichter um strofrectleche Gebitt war. Et goug ni Rieds vun décidéieren, et goug ëmmer Rieds vu Kooperatioun, déi ze erlichteren oder ze verstärke wär.

Nom Vertrag vun Amsterdam am Joer 1997 war et de Sommet vun Tampere am Joer 1999, deen en éiergäizege Programm fir den drëtte Piller festgeluecht huet. Doraus ass allerdéngs weening Konkretes entstanen. Ech sinn der Meinung, souguer wa munches sech virum 11. September 2001 gemaach huet, dass, wann d'Attentat vum 11. September 2001 zu New York net stattfonnt hätt, mir haut nach ëmmer kee seriöen Text um Gebitt vun der penaler Zesummenaarbecht an Europa hätten.

Dir merkt, dass et den Europäesche Rot, also de Rot vun de Stats- a Regierungschefen, war, deen zu Laeken 2001 e politesche Kompromiss fonnt huet an dass de Rot am Juni 2002 de Kompromiss eigentlech ofgeschloss respektiv formaliséiert huet. Et waren net d'Justiz- an d'Innenministeren, déi sech dozou duerchgerongen hunn, mä d'Stats- an d'Regierungschefen, déi de politesche Wëlle manifestéiert hunn, dës Décisioun duerchzusetzen.

Ech kann nach erwähnen, Här President, dass am Verfassungsentwurf vum Konvent, an deem jo d'Piliere ofgeschafft ginn, d'Kapitel iwwert de Raum vu Fräiheet, vu Sécherheet an der Justiz ee vun de wesentleche Fortschritter duerstellt. Déi strofrectleche Zesummenaarbecht soll, steet do, op déi géigesäiteg Unerkennung vun de Jugementer an de Memberstate baséieren. Europäesch Gesetzter an net méi zwëschestaatlech Konventionen sollen dës géigesäiteg Unerkennung an d'Rapprochementen vun de Justizsystemer an de Wee leeden a gemeinsam minimal Regele festleeën.

Mä, wéi Dir wësst, gi besonnesch dës Avancéeën an der Verfassung vun e puer Länner an der Uniounskonferenz contestéiert, a wann dës Dispositionen an der Uniounskonferenz verwässert géifen, wär et e béise Schlag géint en Europa vun

der Justiz an der ënnerer Sécherheet, dat mer - mengen ech - alleguerte wëllen. Et wär en Échec fir d'Europäesch Unioun an hirem Kampf géint d'international Kriminalitéit, géint den Terrorismus a fir d'Sécherheet vun de Bierger. Et ass dofir och ze wënschen, dass eis Regierung besonnesch och an deem Gebitt an der Regierungskonferenz den Text vun der Verfassung verdeedegt.

Här President, wéi de Statsrot a meng Virriedner ganz richtig bemierkt hunn, ass den europäeschen Haftbefehl u sech e Broch mat der bishereger Praxis um Gebitt vun der Extraditioun. Dës Extraditioun war bis elo d'Resultat vun enger intergouvernementaler respektiv zwëschestaatlecher Zesummenaarbecht, bei där all Land seng voll Souveränitéit behalen huet. Hei geschitt eng Aart Revolutioun. Am Kader vun enger Gerichtsprozedur erkennt all Land mat minimaler Kontroll d'Berechtigung vun engem Haftantrag vun enger Persoun duerch d'Gericht vun engem anere Memberstat un. Mir sinn also um Wee vun enger direkter gemeinschaftlecher Zesummenaarbecht um Gebitt vun de Gerichtsautoritéiten, ouni dass déi staatlech Autoritéiten anzegräifen hunn.

Mat wéi engem Kompromiss ass de Broch mat der traditioneller zwëschestaatlecher Extraditioun erreecht ginn? Engersäits gëtt déi traditionell duebel Incriminatioun bäibehalen. Dat heescht, dass d'Extraditioun nëmmen zougestane gëtt, wann d'Infractioun, fir déi se gefrot gëtt, souwuel am Memberstat, deen den Haftbefehl stellt, wéi an deem Land, deen en zougestoe muss, als Infractioun besteet.

Anerersäits besteet déi duebel Incriminatioun net, wann et sech ëm Infractiounen handelt, déi op enger limitativer Lëscht vun 32 Infractiounen stinn, op deenen eng héchst Mindeststrof vun dräi Joer Prisong steet.

Dat ass d'Mëttel fir aus der klassescher Logik vun der Extraditioun erauszekommen. Dës betreffend Lëscht war an ass och nach ëmstridden, well eng Partie Verbrieche ganz allgemeng bezeechent ginn - ze vill allgemeng, wéi vill mengen, an ënner anerem och de Lëtzebuerger Statsrot. Well d'Bezeechnung vun deene Verbrieche esou allgemeng ass, huet d'belscht Gesetz zum Beispill eng Bestëmmung agefouert, déi eng Kontroll duerch d'belsch Gerichter vun dem Inhalt vun de Verbrieche virgesäit. Eise Statsrot seet, an de meeschte Fäll wär et kee Problem, den Terme générique vun der Lëscht op prezis Strofhandlungen unzepassen. Wéi ëmmer wäerten d'Ausnahme wuel déi eigentlech Problemer révéléieren.

Dat belscht Gesetz zum Beispill huet och nach zur Definitioun vun deem Terme Homicide volontaire, deen eben an der Lëscht ass, prezisiéiert, dass esouwuel d'Ofdriewung wéi och d'Euthanasie net ënnert déi Notioun falen an also net fir den europäeschen Haftbefehl an der Belsch invoquéiert kënne ginn.

Eis juristesche Kommissioun vun der Chamber huet esou Bestëmmungen net virgesinn, well d'Regierung an d'Kommissioun och der Meinung sinn, esou eng Kontroll géif engersäits souwisou intern am Gericht virgeholl ginn an et kéint keng Ursaach fir en Haftbefehl invoquéiert ginn, déi géint e bestehend Gesetz am Land, dat den Haftbefehl kritt, verstousse géif.

Wat d'Fiskalitéit ugeet, vun där jo och scho Rieds gung, ginn natierlech ënnert der Appellatioun vun den Termé Fraude an Escroquerie och steierlech Vergehen ugepeilt. Eis Kommissioun war der Mee-

nung, déi ech deelen, dass dëst keng nei Schwieeregkeet fir d'Zukunft vun eiser Finanzplaz wäert bréngen.

Här President, op där anerer Säit geet et natierlech drëm, dem Prévenu iwwerall déiselwecht Rechter ze garantéieren. Et ass kloer, dass d'Dynamik, déi duerch den europäeschen Haftbefehl entsteet, mëttelfristeg zu enger gewësser Upassung vun de Garantieë fir den Ugekloten an och den Texter, wéi déi Prozeduren ze féiere sinn, féiere kann, ouni dass een eng komplett Harmoniséierung kritt.

En attendant mengen ech, muss ee sech awer Suerge maachen iwwert déi Garantieë fir deen, dee vun engem europäeschen Haftbefehl concernéiert ass. De Statsrot mécht dozou ganz pertinent Observatiounen. E bemierkt, dass de Gesetzesprojet verschidde riichterlech Autoritéiten an d'Ausféierung vum Haftbefehl agräife léisst: De Procureur général, den Untersuchungsriichter, d'Chambre du conseil du tribunal d'arrondissement, d'Chambre du conseil vun der Cour d'appel. An e freet sech, ob déi verschidden Autoritéiten e Pouvoir d'appréciation am Fall vun der Ausféierung vun engem europäeschen Haftbefehl hunn.

De Statsrot erënnert och drun, dass de belsche Législateur dem Untersuchungsriichter ausdrécklech zougesteet, eng Décisioun iwwert d'Net-Ausféierung vum Haftbefehl auszeschwätzen.

Am Zesummenhang mam Artikel 6 vun eise Gesetz mécht mir besonnesch Suerge, dass e Signalement vun enger Persoun no dem Accord vu Schengen glächezsetzen ass mat engem Haftbefehl vun engem Memberstat. Dee Signalement ass normalerweis ganz kuerz, a souguer wann am Gesetz op Wonsch vum Statsrot virgesi gëtt, dass d'Original vun deem Signalement sechs Deeg no der Verhaftung vun der betreffender Persoun muss virleien, bleift dëst e Problem.

Wéi e Mënsch an de Schengen-Fichier kënnt, ass net ëmmer nozevollzéien. Et gëtt kee Moya esou e Signalement ze hannerfroen. Ze begreissen ass dofir, dass d'Gesetz virgesäit, dass de Procureur zousätzlech Informatiounen froe kann an och en Délai festleeë kann, fir dës Informatiounen ze kréien. Dobäi kënnt natierlech d'Méiglechkeet vum Recours, wéi se am Artikel 13 virgesinn ass.

De Statsrot mécht och drop opmierksam, dass all Juridiktioun d'Méiglechkeet huet, gemäss Artikel 35 vum Traité de l'Union européenne, den Europäesche Geriichtshaff mat enger Question préjudicielle ze befaassen, wat d'Interpretatioun vun der Décision-cadre ugeet. Mä et bleift, datt et en individuelle Recours virun dem Europäesche Geriichtshaff, wéi dat haut virum Mënscherechtsgeriichtshaff vu Strossbuerg méiglech ass, net gëtt.

Ech erënnere drun, dass mer jo awer scho mol e Fall zu Lëtzebuerg haten, wou een opgrond vun engem Signalement am Schengen-Fichier expulséiert gouf, deen dann awer herno schlussendlech virun engem franséische Gericht Recht kruit.

Et gëtt also e Problem vu Respekt vun de perséinleche Fräiheeten am Kader vun dem Kampf géint international Kriminalitéit an Terrorismus. Dat huet sech jo och nom 11. September 2001 an den USA gewisen. Et ass e schmuele Wee zwëschen enger effikasser Verbriechensbekämpfung an dem noutwendegen Respekt vun de perséinleche Fräiheeten. Dee Wee musse mer selbstverständlech sichen. Mir erkennen selbstverständlech och un, dass d'Verbriechensbekämpfung wesentlech ass, awer grad esou wesentlech ass och fir ons de Respekt vun de perséinleche Fräiheeten.

Ech wëll net, Här President, op d'Detailer vun de Prozeduren hei

agoen, déi vum Rapporteur prezis explizéiert gi sinn. Ons Kommissioun huet eng ganz Partie Verbesserung vum Conseil d'État iwwerholl, selwer och Propositionen gemaach, déi mer matgedroen hunn.

Här President, et bleift och ofschléissend eng allgemeng Appréciatioun ze ginn. Ech hu wuel verstanen, dass de Statsrot Ängschen ausgedréckt huet, wat déi praktesch Duerchféierung vum europäeschen Haftbefehl ugeet. Besonnesch ze denke gëtt mer seng Meinung, dass d'Extraditionsrecht kuerzfristig duerch den europäeschen Haftbefehl ersat gëtt, ouni dass alles kloer ass, esouwuel wat d'Bezeechnung vun de Verbrieche, wéi d'Zoustännegkeet vun de Gerichter ugeet. E fäert dobäi fir d'Grundfräiheeten, déi ee bei aller Legitimitéit vun der Verbriechensbekämpfung net aus den Ae verléieren dierf. Ech hunn awer och verstanen, dass de Statsrot, an do suivéieren ech se selbstverständlech, fir e wirklechen europäesche Raum vu Sécherheet a Justiz asteet, dee seriö a prezis opgebaut muss ginn.

Meng Konklusiounen, dräi un der Zuel.

Éischstens stëmmt meng Fraktioun dëst Gesetz, well mer der Meinung sinn, dass den europäeschen Haftbefehl e wichtegt Instrument ass fir an engem Europa ouni Grenzen den Terrorismus an d'international Kriminalitéit méi effikass ze bekämpfen. Et ass trotz alle Mängel e Schrëtt um Wee vun engem europäesche Raum vu Justiz an ënnerer Sécherheet, dee weider opzebauen ass.

Zweetens fanne mer, dass trotz alle Berfierchtungen am Gesetz eng Partie Garantien agebaut sinn, déi d'Kontroll duerch déi national Gerichter nach weider erméiglecht, ouni dass doduerch den europäeschen Haftbefehl renationaliséiert géif.

Drëttens sinn d'Garantieë fir déi vum europäeschen Haftbefehl Betreffen am Gesetz ginn, iwwert déi ons Gerichter waache kënnen a musse, dat gegebenenfalls mat Hëllef vum Europäesche Geriichtshaff, deen onser Meinung no op deem Gebitt an der neier europäescher Verfassung an doriwwer eraus an dem Opbau vun engem europäesche Raum vu Sécherheet a Justiz méi e groussen Afloss muss kréien, fir d'Fräiheete vun de Bierger ze garantéieren.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel.

■ **Mme Simone Beissel (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop och mäi Merci dem Rapporteur Laurent Mosar fir säin excellente schréftlechen a mëndleche Rapport an deem héich technesche Projet.

De Projet, dee mer haut zur Debatt virleien hunn, ass net nëmmen héich technesch, mä en ass och e bëssen delikat, net nëmme well do e puer juristesche Grondprinzipien a Fro gestallt ginn, mä och well mir ganz kloer als Lëtzebuerg als EU-Member musse Faarf bekennen a folgender Fro.

Wéi vill Europa wëlle mir wirklech? Wëlle mir méi Europa mat engem reelle Rechtsraum innerhalb den europäesche Grenzen, vun dem neien Europa zu 25, e reellen Express européen de liberté, de sécurité et de justice?

Wa mir jo zu där Fro soen, an dat wëlle mer, heescht dat, dass mir d'accord si fir d'Ausliwwerungskompetenze vum politeschen an intergouvernementalen Niveau ewech an eleng de Justizautoritéiten vun zwee oder méi direkt betraffenen EU-Memberstaten unzevertrauen. Dovunner ofgesinn ass de Projet immens wichtig, well hie jo de Problem vun der Ausliwwerung op eng nei Manéier léist an och sensiblement vereinfacht.

Fir de Projet vun haut richteg ze deiten, muss een en natierlech a sàin historiesche Kontext setzen, well d'Vereinfachung vun den Extraditiounen vu Leit tëschent États membres vun der EU jo net vu gëschter ass. Déi éischt Konvention datéiert schonn op den 13. Dezember 1957 a si ass zu Paräis ofgeschloss ginn. An deemem Text ass jo haut och nach ëmmer den Droit commun op europäeschem Niveau am Fall vun enger Extraditioun. Dat ass also de Basistext.

Mam Accord vu Schengen vum 14. Juni 1985 a virun allem duerch seng Convention d'application vun 1990 ass d'Harmonisatioun am Fall vun enger Ausliwwerung awer nach méi wäit gaangen. Duerch dës Konvention ginn nämlech eng Rei vu Moossname geholl fir d'Opléisung vun de Grenzen ze kompenséieren.

Zwou Konventionen, déi op d'Basis vum Artikel K3 vum Traité vu Maastricht geholl gi sinn, an zwar d'Konvention vum 10. Mäerz 1995, déi eng Vereinfachung vun den Extraditionsprozedure virgesäit, doniewent d'Konvention vum 2. September 1997 iwwert d'Extraditioun, weisen, dass e Wëllen do ass fir d'Prozeduren ze harmoniséieren. Dës Konventionen sinn awer bis elo nach net uwendbar, well d'Zuel vun deene Leit, déi se ratifizéiert hunn, nach net dem virgeschriwwene Quorum entsprécht.

Et ass e Fakt, dass dës punktuell Mesuren net wäit genuch gaange sinn an esou gouf décidéiert fir op europäeschem Niveau d'Extraditioun am Fong nei ze reforméieren an ze kucke fir en neie System erbäizeféieren, an dat virun allem virun dem Hannergrond vum Traité vun Amsterdam, dee kloer ausseet, dass seng Objektiv nëmme kënnen duerch eng progressiv Uniformisatioun vun de verschiddenen nationale Gesetzgebungen erreecht ginn oder awer duerch déi géigesäitg Unerkennung vun den nationalen Gerichtsdécisionen.

1999 um Sommet vun Tampere, wou exklusiv iwwert d'Justiz an d'Affaires intérieures verhandelt ginn ass, ass dunn déi géigesäitg Unerkennung vu Gerichtsuerteeler festgehalen ginn. Op der Basis vun deenen Iwwerleeungen ass duerno och déi heiteg europäesch Décision-cadre um Sommet vu Laeken 2001 geholl ginn. Si ass definitiv duerch de Conseil den 13. Juni 2002 consacréiert ginn. Dat alles ass nach den Nogeschmaach a sinn nach Nowéie vun den terroristeschen Attacke vum 11. September 2001. Ech mengen och an deemem Text kënnt de Souci vun der Bekämpfung vum Terrorismus an der internationaler Kriminalitéit erëm eng Kéier voll eraus.

D'Décision-cadre bréngt um Niveau vun der Extraditioun eng fundamental Annerung an der Perspektiv vun engem Espace de liberté, de sécurité et de justice mat sech. Wat sinn dës Annerungen oder Spezifizitéiten vun deem europäeschen Haftbefehl? Ech ginn net méi op all Detailler an, well de Rapporteur huet dat excellent beschriwwen.

De Mechanismus vum europäeschen Haftbefehl huet e generell Ausmooss. Dat heescht, dass net elo eng spezifesch Prozedur agefouert gëtt, mä e sech soll den aktuelle Regeln a Saachen Ausliwwerung, déi elo tëschent de Memberstate bestinn, substituéieren. De System vum europäeschen Haftbefehl fousst dorobber, dass all Memberstaten dem Ugekloten déiselwecht Rechter ginn an dass seng Remise vun engem Land an en anert Land op kee Fall kann déi Rechter aschränken. Dat heescht also, dass all Land deem anere Land grousst Vertrauen a säi Rechtssystem entgéint bréngt. Dëst Vertrauen ass d'Basis an immens wichteg fir déi juristesche Kooperatioun an dat reellt op d'Bee kréie vun deem esou ugestrieffen Espace juridique européen am Kader vun der Ausliwwerung.

An der Hinsicht wou esou e System opgebaut gëtt, ass deen ale System natierlech hifälleg. An deem ale System huet esouwuel d'Gerichtsbarkeet, wéi d'Exekutiv agegraff. Bei där neier Prozedur ass nëmmen nach d'Gerichtsbarkeet kompetent. Ech wëll net weider op den aktuelle Mechanismus vun der Ausliwwerung zrëckkommen. Wéi gesot, de Rapporteur huet e beliicht.

De Prinzip vun der double incrimination ass wuel nach ëmmer virgesinn, ausser fir déi 32 Strofdoten, déi op der Lëscht sinn an dem Projet de loi an déi iwwerholl si vun der Décision-cadre; Strofdoten, déi een allgemeng als héich kriminell ka betruuchten.

Des Weidere gesäit den heitege Gesetzesprojet jo och vir, dass een de Mandat d'arrêt nëmme kann a bestëmmte Fäll oflehnen, zum Beispill am Fall vun engem Lëtzeburgeresche Gesetz iwwer Amnestie. Och hei huet de Rapporteur schonn am Detail erkläert em wat et geet.

Wat elo de Refus facultatif vun der Iwwerliwwerung oder der Remise ugeet, ass dat jo méiglech wann et em Strofdote geet, déi am Ausféierungsland ganz oder zum Deel begaange gi sinn, oder och am Fall vun der Verjährung vun der Action publique.

Eng grouss Neierung fir Lëtzebuerg gëtt et natierlech mam Fakt, dass een och elo muss d'Lëtzeburger, dat heescht, eis national Bierger ausliwweren. Bis dato huet Lëtzebuerg jo an deem dote System nach ëmmer eng Ausnahm gemaach.

U sech ass d'Basis vum europäeschen Haftbefehl eigentlech zimlech einfach. Wann d'Gerichtsbarkeet vun engem Memberland d'Remise vun enger Persoun freet, entweder op der Basis vun enger definitiver Verurteilung oder op der Basis vu strofrectleche Pursuiten, da gëtt dës Entscheidung unerkannt an och direkt duerchgefouert. Et muss een deem Mechanismus, dee jo ganz wäit geet, elo emol eng Ulafrance ginn a sollte sech eventuell déi eng oder aner Kannerkrankheete melden, kann een de System jo nach eng Kéier op de Métier huelen an eventuell nobesseren.

Vill ass an eiser Kommissioun och iwwert den Artikel 37 vum heitege Projet diskutéiert ginn. Den Text hat jo a senger initialer Versioun virgesinn, dass deen neie Projet de loi géif eng ganz Rei vu juristeschen Instrumenter ersetzen, wéi zum Beispill déi europäesch Konvention vu 57 iwwert d'Extraditioun zwëschent de verschiddenen europäesche Länner. D'Kommissioun huet sech awer ganz kloer dergéint gestäipt, dass d'Procédure de remise e réckwierkende Charakter kréie géif, a sech esou och géif op Fakte stäipen, déi virun dem Akraaftriede vum heitege Projet de loi geschitt sinn.

Mir hunn eis an der Kommissioun dunn op den Artikel 32 vun der Décision-cadre beruff, dee jo spezifesch virgesäit, dass all Memberstat kann eng Erklärung maachen, dass hien als Memberstat géif widerfuere den ale System vun der Extraditioun fir Fakte bis zu engem gewëssen Datum bäizebehalen. Dësen Datum dierf awer net, wéi dat scho vu menge Virriedner ënnerstrach ginn ass, nom 7. August 2002 sinn. De Statsrot huet bei deem Amendement gemengt, dass hien et besser fonnt hätt, wa Lëtzebuerg esou eng Deklaratioun scho bei der Adoptioun vum Artikel 32 gemaach hätt. Doriwwer léisst sech diskutéieren.

Här President, dësse Projet de loi ass e wichtige Schrëtt a Richtung reellen europäesche Rechtsraum. Hie soll et erlaben der internationaler Kriminalitéit an den terroristeschen Aktivitéiten e weideren effikasse Rigel virzeschieben, an esou d'Sécherheet vun den europäesche Bierger verbessern.

Ech ënnerstëtzen dee Projet de loi a bréngen heimat och den Accord vun der DP-Fraktioun. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Madame Beissel. Den nächsten geschriwwene Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, et ass e ganz wichtige Projet, dee mer haut stëmmen oder och net. Et ass derwäert, dass een driwwer debatiéiert, souguer seriö driwwer debatiéiert.

Et huet een de Rapporteur gelies an héieren, verschidde Riedner och, déi zwar am Prinzip der Chamber recommandéiere fir dëst Gesetz ze stëmmen, mä awer och en etlech Onzouglängekheete vun deem Gesetzesprojet a vun dem Accord européen ervirgestrach hunn. An hei dierf een net vergiessen, dass een en matière pénale ass an een déi Gratlinn tëschent der Repressioun an der Verteidigung vun de Mënscherechter net därer iwwerschneiden.

Et ass kloer, dass mir alleguerten der Meenung sinn, dass muss energesch géint déi grouss international Kriminalitéit a géint den Terrorismus virgaange ginn. Et ass kloer, dass mir alleguerten opgrond vum Artikel 31 vun der europäescher Verfassung a mat deenen Décisionen, déi zu Tampere an zu Laeken festgehalen gi sinn, am Prinzip an déiselwecht Richtung wëlle goen, mä nach muss ee soen, dass deen éischte Schratt, deen hei gemaach ginn ass um Gebitt vun der Bekämpfung vun der internationaler Kriminalitéit, zwar en éischte Schratt ass mä op jiddfer Fall kee gelongene Schratt.

Et muss ee festhalen, dass et richteg ass, dass een en europäeschen Haftbefehl virgesäit. Déi Diskussioun ass jo och schonns eng ganz laang Zäit an Europa gefouert ginn. Ech wëll nëmmen hiweisen op déi zwou Konventionen vun 1995 an 1997 zum selwechte Sujet, déi an der Debatt stongen a wou et keng wesentlech Progrès gi sinn, well eng etlech Länner net bereet waren, oder sech net dozou duerchrénge konnten, fir déi Konvention an d'nationaalt Recht ëmzesetzen, well verschidden Onzouglängekheeten do scho bestanen hunn.

Du kum den 11. September, an duerch déi politesch Pressioun, déi sech doraus erginn huet, ass dunn e politeschen Accord fonnt gi fir kënne géint den Terrorismus méi staark virzegoen. Mä ëmmer wann een e politeschen Accord fënnt, da ginn och ganz oft d'Problemer, déi nach bestinn, ënnert den Teppich gekiert, an et ass dat, wat bei deem Accord geschitt ass.

De ganze System baséiert op dem Fait, dass d'EU-Memberstaten eng Justiz hunn an déi ee ka Vertrauen hunn, well déi déi europäesch Mënscherechtskonvention ënnereechent hunn, an esou keng Gefor wär, dass déi individuell Rechter an deene 15 respektiv 25 Länner vun Europa a Gefor wäeren. Mä d'Europäesch Kommissioun huet an hirem Avis iwwert d'strofrectleche Prozeduren awer drop higewisen, dass et nach Problemer géing ginn. Si seet, dass déi Rechter, déi am Accord virgesi sinn, zwar um Pabeier bestinn, mä well se net detailléiert si kann all Stat esou handele wéi e wëllt respektiv aner Décisionen huele wéi se a senge Gesetzer sinn oder déi änneren. Bref, et ass e blannt Vertrauen, wat gemaach gëtt. Et muss een och soen, dass et keng onofhängeg Evaluatioun vun de Gerichtssystemer an dem Fonctionnement vun de Gerichter an der EU gëtt, a mir

héieren, dass bal all europäesch Land, y incluis Lëtzebuerg, ganz oft um europäesche Mënscherechtsgericht veruerteelt gëtt, well verschidde Violatiounen festgestallt gi si beim Fonctionnement vun den nationalen europäesche Gerichter.

Den Ugekloten, déi Persoun, déi suspectéiert gëtt, eng kriminell Dot gemaach ze hunn oder Kompliz ze si bei enger Dot, oder bei enger versichtener Dot, ka sech fir seng Rechter ze wahren entweder op en internationalen Text vun der Europäescher Mënscherechtskonvention beruffen oder op déi Europäesch Mënscherechtscharta, wou den Text vun där Charta awer net juristesche bindend ass.

De Problem vum Signalement vun enger Persoun ass, dass déi scho ka verhaft ginn einfach duerch de Fait, dass se signaliséiert ass. Jiddfer ee weess, dass et do Panne gëtt, dass heiansdo Leit mat deem selwechten Numm kënnen verhaft ginn. Hei geet een also och op eng grouss Inconnue hin, wann een dës System ausweit, ouni dass Rechter besti fir déi eenzel Persoun, fir sech ze verteidigen.

Da muss een den Artikel 5.1c vun der Europäescher Mënscherechtskonvention vergläiche mat dem Artikel 5.3 vun darselwechter Konvention. Jiddfer Persoun kann an de Prisong gesat gi wa Gefor besteet, dass se kéint eng Strofdot begoen, oder wa se zu enger Strofdot veruerteelt ginn ass a kéint fortlafen, oder einfach wa Gefor besteet, dass se eng Strofdot kéint begoen a fortlafen.

Et ass awer och an darselwechter Mënscherechtscharta virgesinn, dass esou eng Persoun direkt muss virun de Riichter gefouert an an engem rasonnablen Délai veruerteelt ginn, oder si muss, wann dat net geschitt, an engem rasonnablen Délai, während der Prozedur net op fräie Fouss gelooss ginn. Mä wann een an de Prisong gesat gëtt op Basis vun enger Ausweisung, op Basis vun engem Haftbefehl en vue de son extradition, da bestinn déi Rechter net. D'Europäesch Kommissioun huet op dësse Problem opmierksam gemaach a gesot, mir missten hei méi prezis Texter virgesinn.

Do muss een och op den Artikel 6 vun darselwechter europäescher Mënscherechtskonvention hiweisen an op den Artikel 47 vun der Mënscherechtscharta. Do gëtt de Prinzip festgehalen, dass jiddfer een Urecht huet op e gerechte Prozess, mä et muss een och wëssen, dass ënnert engem gerechte Prozess festgehalen ass, dass de Prozess muss kuerz sinn, also net ze laang daueren, dass d'Leit müssen en Affekt zur Verfügung gestallt kréien an eng Iwwersetzung muss zur Verfügung gestallt ginn, wann déi Persoun déi Sprooch vun deem Land, an dat se ausgliwwert gëtt oder wou se interrogéiert gëtt, net versteet. Am Prinzip steet dat leiten elo och hei an dem Text. Mä et gëtt net gesot, wéi datt dat soll gescheien, wéini dat soll gescheien. An et ass a verschiddene Länner zwar virgesinn, mä wou et net gratis ass, wou d'Délaien aneschtens sinn.

Bref, d'Europäesch Kommissioun hat proposéiert fir am Text vum Accord iwwert den europäeschen Haftbefehl spezifesch Mesurë virzegesinn, déi genee d'Rechter vum Bierger festhalen, wat seng Verteidigung viru Geriicht ugeet. D'Justizministeren, an ënnert hinnen de Lëtzeburger Justizminister, hunn awer décidéiert fir d'Rechter vum Bierger, speziell vum Lëtzeburger Bierger, deen eng speziell Protektioun bis elo hat, ze opferen zu Gonschte vun engem schnelle politeschen Accord iwwert den europäeschen Haftbefehl. Dat war falsch.

Ech wëll och hiweisen op den Artikel 8 vun der Europäescher Mënscherechtskonvention. Do gëtt geschwat vun Respekt vum Familjeliewen. De Prisonnéier, den Untersuchungsgefangene soll

d'Méiglechkeet hunn, no bei senger Familjen am Prisong ze sinn, notament bei enger längerer Period oder während där Zäit, wou en an der Untersuchungschaft ass. Dat ass hei opgehewen. Dovunner steet guer näischt do.

Da gëtt en anere wichtige Prinzip hei an d'Bresch geschloen. Dat ass dee vun der duebeler Incrimination. No deemem Prinzip geet ee vun der Iddi aus, datt, well et an all Land ënnerschiddlech Texter an Opfaassungen gëtt, wat strofrectlech Texter ugeet, all Land d'Recht muss hu fir ze kucken ob déi Strofdot, déi an engem anere Land besteet, och a sengem Land strofbar ass. Et ass e fundamentale Prinzip. Haut laude mer d'Enn vun deemem Prinzip an. Woufir? Well et besteet eng Lëscht vun 32 Ausnahmen zu deemem Prinzip, wou bal zwee Drëttel vum Code pénal duerchgezu ginn.

Historesch a kulturell Differenze gëtt et tëschent den EU-Länner, an dat huet och zu verschiddenen ënnerschiddlechen Opfaassungen zu ethesche Froe gefouert. Éischens den Avortement, d'Euthanasie, den Drogeverfak, d'Legaliséierung vum Haschisch. Hei muss ee festhalen, datt déi Lëscht vun 32 Infractiounen, déi mer virleien hunn, vague, onprezis ass.

Den Terrorismus gëtt an all Land ënnerschiddlech definéiert. An Italien ass dat toute organisation subversive. Dat ass nach en Text, deen aus der Zäit vum Mussolini kënnt. Et gesäit een also ongeféier, wéi wäit een hei kann den Terrorismus definéieren.

Den Här Rapporteur huet mat Recht geschriwwen: „que cette liste a néanmoins le mérite de tracer assez clairement les contours...” - ech widderhuelen: „les contours des infractions visées.” Et ass och bei de Konture bliwwen. Et ass bedauerlech, datt mer hei et net fäerdeg bruecht hunn um europäesche Plang fir déi Konturen an e prezisen Text ëmzewandelen. An de Rapporteur huet och mat Recht op déi Diskussiounen higewisen, déi an der Kommissioun gefouert gi sinn iwwer Problemer vun Interpretatioun.

Et gesäit een, datt gesot gëtt am Rapport, datt een deen Ablack, wa sech ee Problem vun Interpretatioun géing stellen, dee bei den Europäesche Gerichtshaff misst verweisen iwwert de Wee vun enger Question préjudicielle. Dat ass alles schéin a gutt. Mä datt ass d'Theorie! Well ier dat europäesch Gericht statuéiert, dauert dat dräi Joer. Während där Zäit sëtzt dann een am Prisong während dräi Joer, bis een dann eventuell kucke kann, ob dat dann de richtigen Text war a wéi dat dann ze interpretéieren ass.

An da muss een och kucken, datt eventuell, wann een hei gesäit Mord, dat dann op éischt Siicht kee Problem ass. Mä Mord a verschiddene Länner ass zum Beispill net iwwerall esou opgefaasst. Beispill: Holland a Belgien gesinn d'Euthanasie net als Mord un. An Irland an a Portugal gëtt den Avortement nach als Mord ugesinn. Irland huet elo gesot, datt et wëllt déi Leit, déi am Ausland enger irescher Fra bei engem Avortement medezinesch Hëllef leeschten, als Mäerder, als Kompliz zu engem Mord viru Geriicht stellen. D'Regierung an d'Chamberkommissioun gesinn do kee Problem.

(Interruption)

Jo?

M. Patrick Santer (CSV).- Däerf ech just e Commentaire ginn?

An der Doktrin, déi de Mandat d'arrêt européen doriwwer kommentéiert huet, ass ganz kloer d'Problematik vum Avortement diskutéiert ginn, an do sot déi autoriséiert Doktrin, datt den Avortement, deen a verschidde Länner ënner Strofstee, net ënnert dem europäeschen Haftbefehl als Homicide volontaire soll considéiert ginn. Ech wollt dat just preziséieren.

M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*).- Ech si ganz frou, datt den honorabelen Här Santer mech elo hei bestätegt. Well, et ass dach droleg...

(Interruption)

Neen. Waart elo. Ech äntweren lech elo drop. Et ass dach droleg, datt anscheinend d'Doktrin ënnerschiddlech interpretéiert gëtt. Well an der Belsch si se mat därselwechter Doktrin zur Konkusioun komm, datt se et missten an den Text setzen an d'Ausnahm virgesinn. Datselwecht d'Hollänner. Datselwecht verschidden aner Länner.

(Interruptions)

Jo! Ma ja, gesitt Dir! Déi hunn déi Doktrin gelies an aneschtens interpretéiert wéi Dir. Et ass jo dat, wat ech soen. All Land muss hei kucken, datt et am Stroferechtliche prezis Texter kritt. Da brauch een enner Juriste keng Debatten ze féieren. Da sinn d'Texter kloer. Et brauch ee just nëmmen dat ze maachen, wat d'Belsch gemaach hunn.

Ech bedauern, datt d'Kommissioun net en Amendement ugehall huet, dee ganz einfach gewiescht wier am Artikel 3 en neie Punkt 4: „Pour l'application du point 3, les faits d'avortement visés par l'article du code pénal, ne sont pas considérés comme couverts par la notion d'homicide volontaire.“ Dat wier ganz einfach gewiescht an da wier all Doute aus dem Wee geraumt gewiescht. Ech mengen, et ass elo méiglech, datt een elo net wëllt op dee Wee goen. Mä fir mech perséinlech schéngt et awer, et ass besser, datt ee bei stroferechtlichen Texter prezis Texter huet.

Da gesi mer, wéi et och zu aner Problemer ka féieren, wat d'Interpretatioun vun de Strofexten ugeet. E Beispill fir déi, déi sech fir d'Formel 1 interesséieren. Déi hunn Angscht hei virun dësem Gesetzestext.

(Interruptions)

Nee, well an Italien ass et esou, wann do eng Persoun eng Plainte mécht, well bei enger Formel-1-Course oder bei soss enger Moto-course eng Persoun leie bliwwen oder schwéier blesséiert ginn ass, da kann déi Persoun an Italien weinst Mord oder weinst versuchten Mord viru Geriicht geholl ginn, obwuel an allen aneren europäesche Länner et déi Infractioun net gëtt an als solches net als Mord virgesinn ass.

Dann hu mer hei de Problem gehat vun der Escroquerie fiscale. Am Text, dee mer virleien hunn, steet hei wuel Escroquerie. Ass d'Escroquerie fiscale da mat drénner oder net? De Rapporteur seet: „Il est clair“ - dat ass ni e gudden Ausdrock - „que la décision-cadre vise les infractions d'ordre fiscal, même s'il n'est pas encore établi avec certitude quel intitulé générique de la liste vise précisément ces infractions.“ Also hei elo an der Kommissioun selwer am Rapport soe mer, datt mer do esou e klengen Hokus-pokus musse maachen, wat déi Definitioun do ugeet.

Mir wäerten dann herno gesinn, wat déi auslännesch Riichtere mengen iwwer ons Interpretatioun hei vum Text. Mä ons Interpretatioun vum Text ass hinne quitschegal! Si decidéieren a Frankräich, an Däitschland an an England oder wou et dann eben ass, sou wéi si et fir richtig fannen an net, wéi mir et hei an der Chamber gemengt hunn.

Cyber-Kriminalitéit - ech weess ni genau, ob ech et soll op Franséisch oder Däitsch ausschwätzen -, datt ass zu Lëtzebuerg keng Infractioun. Wann Der um Internet verschidde Saachen downloaded, dann ass dat am Ausland e schwéieren Delikt, dee mat - a Frankräich huet een dat jo elo gesinn - bis zu zwéi Joer Prisong mat Sursis bestrooft gëtt, e puer Jonker sinn dozou veruerteelt ginn, mä zu Lëtzebuerg ass et keng kri-

minell Dot. Mä wann een dat awer elo hei zu Lëtzebuerg mécht, da kann e franséischen Untersuchungsrichter de Lëtzebuerger an de Prisong setzen.

Dat heescht, datt et an Zukunft esou ass, datt de Lëtzebuerger muss elo wësse wat fir eng gerecht stroferechtlech Prinzipien a 15 Länner an Europa bestinn, an e muss och nach wësse wat fir eng Stroferechtprozeduren an deene 15 Länner bestinn, a wa mer elo gläich op 25 Länner sinn, da musse mer dat op 25 Länner ausweiten. Ech mengen do gesäit ee wou de Problem sech stellt. Et ass derwäert, datt een en diskutéiert hätt, an ech bedauern nach eng Kéier, datt eng Regierung higeet an esou en Text aus politesche Grënn, nom 11. September, e politeschen Text festhält, wou et awer eng etlech juristeschen Mängel ginn.

Dann ass de Problem vun der Spezialitéit opgeworf ginn. No dësem Prinzip kann eng Persoun, déi ausgeliiwert gëtt op Basis vun enger spezifischer Strofdot, no der Ausliwwerung nëmme weinst dëser Strofdot viru Geriicht kommen an net weinst enger anerer, enger neier Infractioun, déi den auslännesche Richter zrëckbehalen huet. Dat ass och elo eriwwer.

Une voix.- Dat ass net wouer!

(Interruption)

M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*).- Dir kënnt also an Zukunft weinst Escroquerie ugeklot ginn a schlussendlech weinst enger anerer Infractioun veruerteelt ginn an net fir déi nei Infractioun woufir Der ausgeliiwert gi sidd. Dat ass méiglech. Dir musst vläicht Ären Accord dozou ginn - dat ass esou am Text virgesinn -, mä et ass awer méiglech, datt dat geschitt.

(Interruption)

Esou kann zum Beispill eng Persoun weinst Vol organisé am Zusammenhang mat enger politescher Aktivitéit verhaft ginn an dann herno kann dat als Requalifikatioun als terroristeschen Akt virgesi ginn.

Une voix.- Dat ass falsch!

M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*).- Ech wëll just nëmmen drop hiweisen, datt ech déi Zitater, déi ech hei ginn, vum Syndicat national de la magistrature vun eminenten Droitsproffen iwwerholl hunn. Datselwecht gëllt och nach bei verschidden aneren Infractiounen, wou een net gesäit wéi déi Saache requalifizéiert kënne ginn. Dat ass de Problem dee virgesinn ass an an dësem Text ongenügend geléist ass, wou net genau gesot gëtt wéi dat Ganz soll gehandhabt ginn, an ech bedauern och iwwerhaupt, datt de Prinzip selwer vun der Spezialitéit opgehuewe gëtt, ënnert deene Konditiounen wéi et elo am Gesetz steet. An deen Accord, dee kann och an all Land anescht ausgeluecht ginn. Dat heescht, mir kënnen hei mengen et wier esou, mä an anere Länner kann et anescht goen.

Da muss een och festhalen, datt den Transfert...

M. le Président.- Här Henckes, den Här Bettel wëllt lech eng Fro stellen.

M. Xavier Bettel (*DP*).- Här President, ech wollt just dem Här Henckes eng Fro stellen. Hie schwätzt hei vum Principe de spécialité. Dee gëtt et schonn haut an deen ass haut genau deeselwechte wéi an deem neien Text. Ob den Här Henckes net déi Meinung deelt oder dat nach net am Code d'instruction criminelle gelies huet?

M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*).- Ech wollt dem honorabelen Här Bettel keng Lektioun ginn,...

(Hilarité)

...mä ech wollt nëmmen drop hiweisen, datt ech bien entendu dofir plädéieren, fir de Principe de spé-

cialité bäizebehalen. Dir hutt mech jo elo héieren. Dat Eenzezt, wat ech bedauern, dat ass, datt an dësem Text dee Prinzip opgehuewe gëtt. Dat ass dat wat net an der Rei ass, an e gëtt opgehuewen an deem Sënnn datt kann doriwwer dérogiert ginn, a mir wëssen net...

(Interruptions diverses)

Doriwwer kann dérogiert ginn, an ech brauch hei just nëmmen den Text virzeliesen, dat ass, datt den Accord vun der Persoun ka virgeholl ginn.

M. Xavier Bettel (*DP*).- Dat ass datselwecht haut, Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*).- Ech bliwen elo bei mengem Text. Ech kann herno den Text virlesen.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Den Här Rapporteur kann ëmmer agräifen. Här Rapporteur, wann ech gelift!

M. Laurent Mosar (*CSV*), *rapporteur*.- Här Henckes, Dir verfuert hei ëmmer mat all méiglechen Affirmatiounen. Dir hutt hei elo zwou Affirmatiounen vun lech ginn. Do wär ech awer frou, wann Der eis emol géift genau soe wou déi géife stoen, wou Der déi hierhutt. Éischens hutt Der hei behaupt, hei géift déi Règle de la spécialité net spilen. Sot mir ganz genau wou dat an deem Text iwwert de Mandat steet! An zweetens hutt Der hei affirméiert, Dir hutt lech do beruff op iergendwéi grouss Spezialisten a Frankräich, déi Der do gelies hutt. Wäer Der dann esou gentil an Dir géift dat Dokument, op dat Der lech do baséiert, hei der Chamber virlesen?

M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*).- Kee Problem. Ech hunn et hei leien. Et ass kee Problem. Wann Der mer just erlaabt, datt ech herno lech den Text da virlese wann ech meng Interventioun fäerdeg gemaach hunn. Ech hu kee Problem fir dat doten ze maachen. Ech hätt just nëmme bedauert, datt den Här Rapporteur vläicht gutt gehat hätt den Text selwer virzeliesen. Ech bedauern, datt en den Text anscheinend e bësselchen iwwerflächlech gekuckt huet. Mä op jiddfer Fall do hunn ech hie verstanen.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Loosst den Här Henckes elo weiderschwätzen!

M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*).- Ech wëll hei soen, datt et och eng schwéier Linn ze zeeche gëtt iwwert déi Aart a Weis wéi hei kann an der Praxis prozedéiert ginn. Zum Beispill verschidde Länner gesinn d'Méiglechkeet vun enger Situation directe vir, wou et am Fong méiglech ass, datt eng Privatpersoun eng aner Persoun direkt viru Geriicht zéie kann, virun e Stroferiicht zéie kann. Dat besteet a verschiddenen europäesche Länner net. Wéi déi Problematik hei geléist gëtt, do wier ech frou wann den Här Rapporteur ons kéint soe wéi et a Problemer geléist gëtt vun enger Situation directe. Deen zweete Problem, deen ech wëllt un de Rapporteur stellen, ass dee wat een enner „autorité judiciaire compétente“ an enner „décision judiciaire“ virgesäit, an ech wëll do notament wëssen, ob Militärgeriichter an Ausnahmegerichter och viséiert sinn oder net? Dat ass eng Fro, déi ee sech stelle kann, well et eng etlech Saachen an där Problematik sinn.

Da begrëssen ech, datt d'Kommissioun bereet war fir eng Proposition vu mir unzehuele fir d'Re-

troaktivitéit, déi am initialë Gesetzestext net virgesi war, awer ofgeschafte fir den Datum vum 7. August 2002 zrëckzebehalen. Ech mengen dat ass positiv gewiescht, datt mer alleguerte konnten op dee Wee goen, well déi Retroaktivitéit a stroferechtliche Saachen ass awer eppes wat ganz geféierlech ass, an dofir hu sech och déi meescht auslännesch Gesetzgeber domat d'accord erkläert fir esou en Délai anzesetzen.

Dat wat een hei muss festhalen, dat ass, datt dee System vum europäeschen Haftbefehl prinzipiell an déi gutt Richtung geet, mä datt een awer gesäit, datt en eng etlech Onzoulänglechkeeten huet an datt eng etlech Präzisiounen feelen. De Risiko besteet, datt wann et zu e puer Panne kënnt, datt wann et zu e puer Fäll kënnt wou op eng Kéier d'Leit soen, hei si Mënscherechter mat Féiss getrëppelt ginn, datt deen Ablack de ganze System un d'Wackele kënnt, an et ass dat wat mer bedauern. Dat ass, datt mer hei net d'Geleeënheet gehat hu fir zesumme mat der Regierung, esou wéi mir et als ADR ëmmer verlaangen, an der Virbereedungsphas, als Chamber iwwert de Wee vun der juristescher Kommissioun, an Zesummenaarbecht mam Justizminister, en Text auszuschaffen, deen an déi richteg Richtung gaange wier, deen déi néideg Präzisiounen virgesinn hätt, esou wéi et hätt misse sinn. Am Ablack besteet leider de Schutz virum Arbitraire vun auslännesche Gerichter nëmmen um Pabeier, an et ass dat wat mer bedauern.

De Lëtzebuerger, dee konnt bis elo ausgeliiwert ginn, an Zukunft muss en ausgeliiwert ginn. Hei am Land muss de Lëtzebuerger wëssen, datt en an Zukunft all Gesetzgebung am Ausland muss respektéieren, all Strofgesetzgebung deen Ablack wou et eng...

(Interruptions diverses)

...an datt et eng etlech Schwierigkeiten an Interpretatiounen doriwwer gëtt.

(Interruption)

An doduerjer ass en Text hei entstanen, dee relativ onkloer ass an deen ongeféier an alle Parlamenter zu ganz groussen Debatten Ulass ginn huet, an ech brauch nëmmen dem Rapporteur säin eegenen Text ze liese fir ze gesinn, datt et op e puer Punkten och bei him Douté ginn, an hien huet hei a senger Schlussinterventioun gesot, datt den Text zwar e puer negativ Punkten hätt, mä datt déi positiv géingen iwwerweien an dofir géif hien der Chamber recommandéieren, den Text ze stëmmen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Dat war awer op jiddfer Fall en Zougeständnis, Här Rapporteur, datt Dir awer och gesitt, datt den Text e puer Onzoulänglechkeeten huet. Fir lech si se minimal, dat ass Är gutt Meinung, datt well ech och als solches respektéieren, mä dat ass ons Meinung net. Mir mengen, datt dat hei en Text ass, deen zu Abue féiert, wou mer net sollen duerch déi Aart a Weis, wéi dat heiten zustane komm ass, de Regierung soen, si sollten op ähnleche Weeër nach weiderfuere mat onpräzisen Texten. Dat ass dat wat net gutt ass, dat ass dat wat mer net wëlle matdroen, well d'Rechter vum Bierger net onbedéngt ofgeschéiert sinn, well et e Flou artistique ass, well d'Problemer ënnert den Dësch gekiert gi sinn an dofir wäert den ADR dësem Text net zoustëmmen.

(Interruption)

M. le Président.- Den Här Henckes ass awer elo fäerdeg.

M. Xavier Bettel (*DP*).- Ech wollt just dem Här Henckes d'Be-merkung maachen, Här President, datt eng Lëscht do ass vun den Infractiounen an en net soll soen,

dass hei all Bierger misst a ganz Europa d'Dispositiounen vun deenen anere Länner kennen. Mir hunn eng Lëscht. Géint wat hutt Dir eppes? Géint d'Traite des êtres humains, géint den Terrorismus, géint Bommen? Dat sinn déi Lëschten, déi do sinn. Et ass net egal wat.

M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*).- Sot mer emol wéi an Italien den Terrorismus definéiert gëtt a bei ons? Elo ass alles roueg!

M. le Président.- Als lescht Diskussionsriednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRENG*).- Här President, déi Gréng soe jo zu enger Harmoniséierung vun de juristesche Systemer an der EU. Mir soen och jo zur Entwécklung vun enger europäescher Justiz- a Penalpolitik, net nëmmen am Sënn vu méi Europa, mä och am Sënn vu méi Gerechtegheet a Gläichheet tëschent den EU-Biergerinnen a -Bierger, sous condition dass déi fundamental Rechte vum Einzelnen ofgeschéiert sinn. Dat ass awer eiser Meinung no, Här President, bei dësem Projet de loi net de Fall.

Zu Tampere konnte sech 1999 d'EU-Justizministere net op esou e Wee festleeën an dofir ass de System vun der géigesäiteger Anerkennung weidergefouert a verfestegt ginn. D'Philosophie vum europäeschen Haftbefehl geet also guer net an d'Richtung vun engem europawäit gültige Rechtssystem, mä, an dat ass da vläicht och dat Perverst un deem ganze Modell, deen an deem Projet hei enthalten ass, vun enger europäescher Ausliwwerungspolitik, op Grond awer vun total ënnerschiddlechen nationale Rechtssystemer. Dobäi sinn net nëmme Leit betraff, déi scho veruerteelt sinn, mä och déi, wou e Verdacht op eng Infractioun besteet.

Et kann een also soen, dass dee restriktiven europäeschen Apparat, wéi mer e scho vum Schengener Informationssystem hier kennen a wéi en dann elo och hei beim Haftbefehl wäert ugewannt ginn, gestärkt gëtt, ouni dass de Pendant dozou, nämlech d'Ausbildung vun deem europäesche Rechtssystem, deen och de Bierger an d'Biergerin géif schützen a gläich behandeln, géif scho bestoen.

Ech wëllt hei de Soziolog Jean-Claude Paye zitéieren, deen am „Monde diplomatique“ zu där Thematik Stellung geholl huet an deen zu den Décisiounen, déi zënter dem 11. September 2001 vun den EU-Justizministere geholl goufen, gesot huet, si hätten als Resultat: « d'étendre la souveraineté des pays en matière pénale à l'ensemble du territoire de l'Union tout en supprimant les différents contrôles politiques et judiciaires de la légalité de leurs actes », an hie bezitt dat expressement och op den europäeschen Haftbefehl.

Grad wéi beim Antiterrorismus-Gesetz, seet hien, gëtt hei d'Utilisatioun vun exceptionellë Prozedure justifizéiert.

Een éischt Géigenargument, wat de Kritiker vum Mandat d'arrêt entgéint gehale gëtt, ass dat, dass jo hei d'double Incrimination géif bestoe bliwen an dass en général nëmmen déi Infractiounen, wou mindestens ee Joer Fräiheitsentzug als Héchststrof drop steet, hei konzernéiert sinn an deenen déi zwee konzernéiert Länner, also d'Ausliwwerungsland an d'Land wat d'Demande op d'Ausliwwerung gestallt huet, déi Héchststrof setzen. Datt wier e Kompromëss mat deem ee kënnt liewen, och wann en a kenger Weis dozou bäidréit fir dee Prozess vun der Harmoniséierung, vun deem ech elo geschwat hunn, ze stimuléieren, an och wann eleng datt schonn heescht, dass fir all Verdacht wou nëmmen ee Joer Héchststrof besteet, schonn de Mandat d'arrêt kann ugeleiert ginn, an also e

Signalement am Schengener Fichier gemaach gëtt.

En theoretescht Beispill ass d'Lëtzebuerger Drogenesetz - ech hu mer dat nach eng Kéier ugekuckt -, wou bei eis schonn um Kultivéiere vu Cannabisplanzen Héchststrofe bis fënnef Joer stinn. Op Grond vun esou engem Verdacht kënnst een also schonn an de Schengener System kommen.

Net zu Lëtzebuerg, mä awer an aneren EU-Länner, an Éisträich a Griichenland an a Portugal gëtt et dann och nach Strofgesetzter géint Homosexueller. Ech weess net genau wéi héich do d'Héchststrofe sinn, mä op alle Fall hunn déi europäesch Associatiounen vun den Homosexuellen sech awer scho besuergt gewisen iwwert deen Text vun där Décision-cadre an ech mengen och, dass déi Suerg net onberechtigt ass.

An dann, an den Här Fayot huet et virdu scho gesot, konnte mer jo zu Lëtzebuerg och schonn erliewe wat e Signalement am Schengener Informatiounssystem alles bewierke kann. Mir erënneren eis all un de Fall vum Ahmed Flidja, deen op Grond vun esou engem Signalement vun de franséischen Autoritéiten aus Lëtzebuerg an Algerien refouléiert ginn ass an duerno erstaunlecherweis awer a Frankräich konnt regulariséiert ginn, esou dass ee sech d'Fro stellt, wéi sou ass et zu deem Signalement komm? Wat stoung do derhannert a wéi sou huet en herno net méi gegollt? Doriwwer krute mer ni eng Opklärung. Mä op alle Fall kann ee sech awer da ganz kloer d'Fro stellen, wéi licht oder wéi schwéier, dass een eben dann an dee Schengener Informatiounssystem-fichier do kann erakommen.

Dese Mandat d'arrêt wier och e Kompromëss, mat deem een op Grond vun der Tatsaach kënnst liewen, dass d'Politik ausgeschalt gëtt an dass d'Prozedur net méi iwwer Ambassaden a Ministeren, mä just nach tëschent Gerichter leeft, wat vläicht op manner politesche Kouhandel géif erauslafen. Dat hei Argument kann een awer direkt och erëm emdréinen a soen, dass de Schutz vum Eenzelnen eventuell och doduerch kann ofhuelen, och wann an engem gewëssene Sënn hei vläicht méi Gerechtheeket an Équitabilitéit géif entsto.

Mä do kënnst dann déi berühmte Lëscht mat deenen Infractionen an d'Spill, wou de Prinzip vun der double Incrimination ausgesat gëtt, wann eng Héchststrof vu mindestens dräi Joer drop steet.

Här President, aner Leit heibanne maache sech vläicht méi Suergen iwwer Elementer wéi d'Fraude fiscale oder Escroquerie, déi op der Lëscht och gefouert ginn an d'Schutzpatréiner vun der Bankeplaz si jo schonn hei défiléiert. Mir gesinn als Gréng an anere Beräicher Risiken, zum Beispill beim Stéchwuert Homicide volontaire, Coups et blessures graves. D'Beispill ass schonn zitéiert ginn an den Här Fayot huet och schonn drop higewisen, dass mer an der Kommissioun iwwert déi Problematik vum Avortement a vun der Euthanasie geschwat hunn, well mer nämlech gesinn hunn, dass an der Belsch do e ganz kloeren Text an d'Gesetz dragesat ginn ass.

Mir goufen eis an der Kommissioun net eens, ob esou Reserven dann eigentlech notwendeg wieren oder net. Zu deene Berouegungen, déi vu Säite vun der Regierung an och vum Parquet komm sinn, kann ee sech awer trotzdem am Nachhinein Froe stellen an op alle Fall weist dat Beispill wouzu d'Ophiewe vun der double incrimination vläicht kënnst féieren an et weist och wéi onprezis déi final Beräicher sinn, déi an där Lëscht opgezielt sinn, wéi onprezis se gefaasst sinn. Amplaz vu kloeren Definitiounen hu mer hei schwammeg Begrëffer, wou d'Parqueten herno müssen decidéiere wat drënner fällt a wat net a wa si sech net eens ginn, dann eben den Europäesche Gerichtshaff.

En anert Beispill ass dat vum Terrorismus, dee jo och an deser Lëscht gefouert gëtt a wou mer d'lescht Joer scho Geleeënheet haten d'Imprecisioun vun deem Konzept ze kritiséieren an déi geféierlech Konsequenzen, déi sech doraus fir d'Biergerrechter kënnen erginn.

Déi Lëscht, dorop wëllt ech och nach hiweisen, well dat bis elo net gesot ginn ass, kann a tout moment vum Conseil des Ministres erweidert ginn, also dee vläicht nach relativ limitéierte Rahmen, deen elo hei geschafe ginn ass, wou d'double incrimination net spillt, kann duerch nach ausgeweit ginn.

En zweet Géigenargument géint d'Kritik um Konzept vum europäeschen Haftbefehl ass dat, d'Elementer vun deser Lëscht géife just fir Crimé gëllen, déi am jeeweilegen Demandeursland als Crime gëllen. An d'Beispill vun der Cyberkriminalitéit ass jo och schonn genannt ginn, wou Lëtzebuerg déi entsprechend Konventioun nach net emgesat huet an dowéinst an deem dote Gebitt och net géif poursuivéieren an e Mandat d'arrêt ufroen.

Emgedréint kann een awer och soen, dass mir müssen ausliwwen, och wann et bei eis keng Infraction wier an et muss ee sech d'Fro stellen, wien da kontrolléiert a wéi da kontrolléiert gëtt, ob am Demandeursland eng entsprechend Gesetzgebung an där Matière besteet an ob et no Meinung vum Exekutiounsland eng Infraction ass, déi sech op där Lëscht erëmfanne léisst oder net? D'Fro vun der Kontroll gouf jo dann och vum Statsrot opgeworf an deen huet sech an deem Beräich och ganz kritesch gewisen.

Da feelen och, Här President, am Lëtzebuerger Text verschidde Souppes de sécurité, déi et an anere Länner gëtt. Ech zitéieren do d'Belsch, wou een Artikel drasteet, dass d'Exekutioun vun engem Mandat d'arrêt refuséiert gëtt: „...s'il y a des raisons sérieuses de croire que l'exécution du mandat d'arrêt européen aurait pour effet de porter atteinte aux droits fondamentaux de la personne concernée, tel qu'ils sont consacrés par l'article 6 du traité sur l'Union européenne“.

En ähnlecht Beispill gëtt et am franséischen Text. Och do gëtt de Mandat refuséiert: „...s'il est établi que ledit mandat a été émis dans le but de poursuivre ou de punir une personne en raison de son sexe, de sa race, de sa religion, de son origine ethnique, de sa nationalité, de sa langue, de ses opinions politiques, ou de son orientation sexuelle, ou qu'il peut être porté atteinte à la situation de cette personne pour l'une de ces raisons“.

Et kann ee sech d'Fro stellen, firwat dass am Lëtzebuerger Text keen esou ee Saz drasteet. An ech hu mer d'Décision-cadre nach eng Kéier ugekuckt. Och do ass eng interessant Entwécklung festzustellen, well am Projet vun der Décision-cadre ass et nach eng Clause de sauvegarde ginn - och déi hunn ech hei virleien -, wou expressément gesot ginn ass, dass all Stat kéint, wann e mengt, dass esou eng Problematik virläit, eng Ausliwwerung refuséieren.

Am endgültigen Text vun der Décision-cadre ass dat net méi de Fall. Do gëtt et just nach e Considérant, deeselwechten Text, mengen ech, wéi mer en och an deem iwwert den Terrorismus hunn, wou just nach drasteet, dass: „...rien dans la présente décision-cadre ne peut être interprété comme une interdiction de refuser la remise d'une personne qui fait l'objet d'un mandat d'arrêt européen, s'il y a des raisons de croire...“, an da kënnst déi Opzielung erëm eng Kéier zrëck. Dat heescht et ass eng däitlech Ofschwächung do am Kader vun den Diskussiounen um europäeschen Niveau geschitt, an et misst een d'Fro och stellen, wat

fir eng Relevanz en Text nach huet wann e bei de Considérant steet an net méi am Text vun der Décision-cadre selwer. Op alle Fall feelt esou en Text am Lëtzebuerger Projet de loi.

De System vum europäeschen Haftbefehl baut um Prinzip vum géigesäitege Vertrauen op. Et ass awer eng Fro, ob dat Vertrauen ëmmer gerechtfertegt ass, grad wa mer un d'Erweiterung denken an un de Fait, dass deenen neie Länner hir Rechtssystemer, hir polizeilech a juristesche Elementer nach net onbedéngt um leschte Stand sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, den europäeschen Haftbefehl féiert net zu enger Unificatioun vun de Législatiounen a penale Prozeduren, mä en erlaabt weiderhin d'Koexistenz vu ganz groussen Disparitéiten tëschent den EU-Memberstaten. E géif eigentlech eréischt dann e Sënn maachen, wann d'Konstruktioun vun engem Droit pénal européen zustane komm ass. En ass och am Widersproch mat dem Traité constitutionnel vun der EU-Konventioun, déi am Artikel 171 eng Coopération judiciaire en matière pénale virgesäit, déi awer méi wäit geet wéi dat heiten, a vun engem Parquet européen schwätzt, oder vu Minimalregelen, wat d'Definition betrëfft vun Infractions graves a vun deenen dozougehéirege Sanktiounen.

Ech weisen iwwregens drop hin, dass déi Gréng am Europaparlament sech ganz staark fir esou Minimalregelen och beim europäeschen Haftbefehl agesat hunn an och Amendementer presentéiert hunn, déi awer ofgelehnt goufen. Mir bleiwen, fir am Jargon vun europäesche Konvent ze schwätzen, mat deem Text vun der Décision-cadre an dann och mat der Émsetzung a Lëtzebuerger Recht am intergouvernementale Sumpf stiechen, amplaz e reelle Schrëtt a Richtung Europa ze maachen. Dat ass deen ee Grond, firwat mir als Gréng dese Projet oflehnen. Dat anert ass, wéi gesot, deen, dass hei d'Päerd vun hannen opgezäumt gëtt, dass de repressiven Apparat verstärkt gëtt ier e Code pénal européen zustane komm ass, wou Garantie fir de Schutz vun de Biergerinnen an de Bierger dran enthalte wäeren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Wuert ass um Här Justizminister Luc Frieden. Entschëllegt, den Här Henckes huet nach eng Fro. Här Henckes, wann ech gliff.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech wollt virdrun...

(Interruption)

... - Här Ripinger, ech si frou, dat Der nees an der Chamber sidd -, just nëmme Folgendes soen, dat am Artikel 29 Paragraph 1, der Regel vun der Spezialitéit, iwwert déi virdrun eng kleng Debatt war, festgehalten ass, an dat confirméiert dat, wat ech hei gesot hunn: „Une personne qui a été remise au Luxembourg sur base d'un arrêt européen ne peut être poursuivie, condamnée ou privée de liberté au Luxembourg pour une infraction commise avant sa remise autre que celle qui a motivé sa remise“.

An am Paragraph 2 gëtt d'Méiglechkeet virgesinn, dat ee kann doriwwer dérogiieren, wann eng Demande erabruucht gëtt bei de Gerichter. Da steet am Paragraph 3: „Les paragraphes points 1 et 2 ne s'appliquent pas dans les cas suivants...“, an do gi sechs Ausnahmen opgezielt. Ënnert anerem: „...lorsque la personne remise a donné son consentement à sa remise et a renoncé à la règle de la

spécialité“. An ënner f): „...lorsque la personne remise a expressément renoncé après sa remise à bénéficier de la règle de la spécialité pour des faits spécifiques antérieurs à sa remise“.

Dat heescht, wann hei Leit ausgeliewert ginn, da kann déi Règle de la spécialité ënnert verschiddene Konditiounen net méi spillen.

(Interruption)

...mä nëmme mat dem Accord, a wann d'Verteidigungsrechter an d'Iwwersetzungsrechter net garantiert sinn, da gëtt et Problemer. Et ass dat, wat ech just wollt virgesinn, dat wann een an esou Fäll kënnst, wann een als Zeie gehéiert gëtt, wann een inculpéiert gëtt weinst där enger Infraction oder weinst enger anerer, dat dat dann zu Schwierigkeeten ka féieren. Méi wëll ech hei net soen.

Et ass just, dat mer hei eng Virwëtzung hunn en matière pénale, an et ass dat wat mer bedauern a wat ech just wollt ervirsträichen. A wéi ech virdu geschwat hunn, hunn ech net méi an net manner gesot wéi dat, wat ech grad hei virgelies hunn.

M. le Président.- Elo huet awer den Här Justizminister Luc Frieden d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dem europäeschen Haftbefehl maache mer e Riseschrëtt a Richtung vun engem gemeinsamen Europa am Kampf géint déi organiséiert a schwéier grenziwwerschreident Kriminalitéit.

D'Europa vun der Fräiheet, vun der Sécherheet a vum Recht verlaangt, dat ee konkret Aktiounen ënnerehelt. Den europäeschen Haftbefehl, dee mer a laange Méint op europäeschem Niveau négociéiert hunn, ass e konkret Beispill vun deem, wat mer an Europa musse maachen, wa mer d'Grenzen ofschafen op där enger Säit, a wa mer op där anerer Säit net wëllen d'Grenzen am Justizberäich, an domadder am Kampf géint d'Kriminalitéit bestoe loossen.

Et ass richtig wéi hei de Mëtten de Rapporteur, den Här Mosar - deem ech wëll merci soe fir seng Aarbecht - gesot huet, dat den europäeschen Haftbefehl net entstanen ass duerch d'Evenementer vum 11. September, dat e virdu schonn a sengem Ursprung virgesi war, mä et ass awer grad esou richtig an ech mengen, den Här Fayot huet dat gesot, dat wann et den 11. September net gi wär, dat mer net um Niveau vun de Justizministere esou schnell zu engem Accord komm wäeren, well mer ënnert dem Drock vun den Evenementer, ënnert dem Drock och vum dem Conseil européen um Niveau vun de Stats- a Regierungschefen eng Décision hu misse fannen, déi iwwregens Här Fayot, d'Justizministere fonnt hunn, a Laeken huet dat entérinéiert, well mer just wollten évitéieren, dat op deser schwieeger Fro misst de Conseil européen déi definitiv Solutioun erausfannen.

Déi Solutioun, déi mer fonnt hunn, ass eng, déi sécher net perfekt ass. Firwat ass se net perfekt? Mä well mer hei a l'unanimité müssen decidéieren. Hätte mer dat awer net gemaach a wäre Leit an der Regierung gewiescht, déi wéi déi Gréng an den ADR géint dësen Haftbefehl stëmmen, da géng ech gäre wëssen, wat an Europa geschitt wär, wa mer do opgestane wäeren a gesot hätten, mir géingen dat net an der Rei fannen, an et esou erlaabt hätten, dat a 15 Länner vun Europa an Zukunft komplizéiert, irresponsabel Extraditionsprozedure bestoe bliwwen wäeren.

Ech soen lech, dass ech a menger Carrière als Justizminister e puermol Situatiounen hat, wou Leit hei zu Lëtzebuerg eng schlëmm Infraction gemaach hunn an an d'Ausland gaange sinn, an dat Land, wou se d'Nationalitéit hunn,

a wou mir d'Extradition refuséiert kruten an engem Dossier vun engem Iwwerfall op e Geldtransporter, an engem Dossier vun enger schlëmm Aggressioun, wou mer déi Leit net op Lëtzebuerg kritt hunn, well déi al Regele vun der Extradition eis net erlaabt hunn, déi Leit op Lëtzebuerg ze kréien.

Ech soe grad esou, dat wann an Europa eng schlëmm Infraction geschitt, da muss dat Land op schnellstem Wee et fäerdeg bréngen, fir déi Persoun virun hir Gerichtsbarkeeten ze kréien, dat do Recht geschwat gëtt. Mir hu jo och dofir net - an dofir soen ech, ass den Text vill besser, wéi wa mer einfach dohinner gaange wäeren a gesot hätten, mir si mat allem net d'accord, esou wéi et ganz einfach ass, wann een hei an der Opposition sëtzt. Wat hu mer gemaach?

(Interruption)

Nee, Dir kënnst elo keng Fro stellen. Ech wëll fir d'éischt meng Erklärung fäerdeg ginn. Da ginn ech lech d'Méiglechkeet.

Ech hu gesot an deene Verhandlungen - well ech sinn ee vun den Haapthandwierker vun dem europäeschen Haftbefehl gewiescht, well et war an der belscher Présidence - ech hu gesot: Mir musse kucken, dat mer hei en Text fannen, dee sech op déi grouss Kriminalitéit beschränkt, well d'Europäesch Kommissioun hat en Text proposéiert fir den europäeschen Haftbefehl - wat also heescht d'Ofschaffung vun der Extradition an der Europäescher Union - ze applizéieren op all Infractionen. An do huet Lëtzebuerg de Kompromëss proposéiert gehat an dee Kompromëss war fir ze soen: „Komm mir maachen et just op deene ganz gravé Strofdoten.“ An déi grave Strofdote sinn zu engem groussen Deel déi, an domat wollt ech mäi Saz fäerdeg maachen, Madame Wagener, zu engem groussen Deel déi, déi mer schonn an Europa harmoniséiert hunn. Quitte dat der och derbäi sinn, déi mer nach net harmoniséiert hunn, mä déi mer alleguerten als grave ugesinn.

Well d'Leit froe sech bestëmmt och: Firwat sinn dat der dann 32? Mä déi hu mer geholl vun enger Annex vun der Europol-Konventioun, déi iwwregens och an deem Parlament gestëmmt ginn ass, a mir hu gesot: Mir huelen déi grave Infractionen. An ech hunn nach d'Lëtzebuerger Proposition derbäigefügt, dat et nëmme déi Infractione sinn, wou eng Mindesthéchststrof vun op d'mannst dräi Joer ass. D'Lëtzebuerger Proposition war iwwregens véier Joer an et sinn herno dräi Joer zréckbehalen ginn.

Dat heescht, wann an engem Land een eppes ganz Schlëmmes mécht an deen hält sech an engem anere Land op, da schéngt et mir normal ze sinn, innerhalb vun deem Europa vun de 15 - well et ass am Europa vun deenen 15, wou de Mandat d'arrêt spillt, dat hei gehéiert net zum Acquis communautaire an dofir muss et vun deenen zéng neie Länner net direkt transposéiert ginn - da schéngt et mer evident, dat déi Persoun an dat Land gefouert gëtt.

Ech wëll lech hei och derbäi soen: Dat ass och haut de Fall. Just haut geet dat iwwert de Wee vun der Extradition. Ech hunn heiansdo de Mëtte gemengt ze héieren, dat d'Leit géinge mengen, haut géng een da guer net virun ee Gericht kommen. Nee, haut gëtt dann nach eng Prozedur vun der Extradition derbäi gemaach an déi fällt duerch dat heiten ewech, fir am Fong méi schnell déi Prozeduren ze maachen. An ech muss lech soen: Wa mir hei zu Lëtzebuerg eng Persoun hunn, déi an engem anere Land vun der Europäescher Union eng schlëmm Infraction gemaach huet, da fannen ech et richtig, dat, wa mer een Europa vum Recht hunn, déi Persoun virun déi Richter schnellstméiglech kënnst, wou se jugéiert gëtt iwwert d'Gravi-

téit an d'Existenz vun där Infrac-tioun.

An dofir mengen ech, datt, wa mer Europa seriö huelen, wa mer wirk-lech den europäesche Rechtsraum wëlle schafen, vun deem der esou vill schwätzen, mä da muss een och Faarf bekennen an da muss ee kucken, dass een en Text fénnt, deen dat doten op eng uerdentlech Aart a Weis ëmsetzt. An dofir schéngt et mir net absurd, datt mer hei den europäeschen Haftbefehl maachen. Mir sinn dat zéngte Land, wat elo den europäeschen Haftbefehl wäert ëmsetzen. Et sinn der also nach e puer, déi et musse maachen.

Ech stellen och fest - dat soen ech dem Här Fayot -, datt mir am Mäerz 2003 de Projet de loi déposéiert hunn. Mir sinn elo am Mäerz 2004, d'Regierung hat also hir Aarbecht gemaach, mä ech ginn awer och zou, datt déi, déi duerno deen Text musse kucken, virun allem de Statsrot, deen hei eng länger Zäit gebraucht huet, vill Aarbecht hunn, datt dat komplizéiert Texter sinn an datt et dofir heiandsdo e bësse méi laang dauert. Mä wéi gesot, et sinn och nach fénnef aner Länner, déi e mussen ëmsetzen.

Den Text wär vläicht e bësse bes-ser ginn, wa mer net mat der Unanimitéit hätte missen am Euro-päesche Conseil ofstëmme. An dat solle mer eis ganz gutt verha-len, wa mer an e puer Méint, vläicht an engem Joer, ech weess et net, iwwert den europäesche Verfas-sungstext ofstëmme. De Fait, datt mer à l'unanimité am Beräich vu Justiz an Intérieur ofstëmme, féiert ganz oft zu enger gewësse-ner Verwässerung vun Texter, well mer soss den Text iwwerhaapt net approvviéiert kréien. Hätte mer den Text awer hei net ugeholl, da géinge mer zouginn, datt mer an Euro-pa den Terroristen an de Kriminalen et einfach géinge maachen, well et brauch een nëmme an een anert Land ze goen, fir d'Folgen ze évitieren an ënnert de Prozedur-schwieregkeete vun den Extradi-tioune méiglechst laang kënne senger Responsabilitéit ze entwäichen.

Ech muss lech soen, wann een de Kampf géint d'Kriminalitéit seriö hält, da muss een och hei zu de-sem Text jo soen. De Contraire maachen ass nee soen zu engem Europa, wat d'Kriminalitéit effikass bekämpft. Dofir brauche mer an Zukunft méi Harmonisatioun a Froe vun de schwéiere Strofdoten. Mir hunn dat zu Tampere gesot. Mir wëllen dat och weider maachen. Well mir hunn zum Deel dat iwwre-gens gemaach, wéi mer déi Décision-cadre iwwert d'Définitioun vun Terrorismus ugeholl hunn, wéi mer d'Décision-cadre ugeholl hunn iwwert d'Traite des êtres humains, d'Exploitation sexuelle des enfants. Et gëtt eng ganz Rei vu schwéieren Infrac-tiounen, déi mer schonn har-moniséiert hunn.

Ech bleiwen der Meenung, datt mer an Europa op deem Wee do nach musse wäit weidergoen. Waarde mer awer bis mer e Code pénal européen hätten - fir deen ech iwwregens sinn - a maachen dann eréischt de Mandat d'arrêt, also da sinn awer nach vill kriminell Doten an Europa geschitt, eier mer kënnen effikass d'Kriminalitéit bekämpfen. Dofir sinn ech och der Meenung, datt mer op de Wee vun engem Parquet européen musse goen, deen och awer nëmme zoustänneg ass fir schwéier grenz-iwwerschreidend Kriminalitéit. Do-riwwer wäerte mer jo och nach Dis-kussiounen musse féieren am Kader vun der Regierungskonferenz, déi amgaangen ass d'Verfassung op d'Been ze setzen.

Op jiddfer Fall, wa mer deesen eu-ro-päeschen Haftbefehl haut hei stëmme: Déi, déi e stëmme, déi hu wesentlech dozou bäigedroen, datt mer de Kampf géint d'schwéier Kriminalitéit, déi grenz-iwwerschreidend an Europa ass, méi effikass upaken, datt mer méi schnell virun de Gerichter virukom-

men an datt mer domat e Stéck Europa bauen, e Stéck vun dem groussen europäesche Raum vu Fräiheet, Sécherheet a Recht. Dat wäert eng vun de groussen Aufga-be vun Europa an deenen nächs-ten zéng Joer bleiwen. Hei ass e Pillier vun deem gesat an dofir soen ech all deene merci, déi dese Pro-jet de loi wäerte stëmme. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - D'Madame Renée Wagener wollt nach eng Fro stellen.

■ **Mme Renée Wagener (DÉ/GRÉNG).** - Ech stellen elo keng Fro. Här President, ech wollt dem Här Minister am Fong just mäin Erstau-nen ausdrécken iwwert déi Vehe-men-z, mat där hien elo geschwat huet, besonnesch um Ufank vu senger Interventioun, wou et drëms gaangen ass, ob een éischter a Richtung Reconnaissance mutuelle geet oder Harmoniséierung vun europäesche Rechtssystem.

Well ech wéilt hien drun erënneren, dass mer an der éischter Ré-unioun, wou hien eis de Projet pre-sentéiert huet, och eng Erklärung kritt hunn doriwwer, wéi et histo-resch zu där Décision-cadre komm ass, a wou hie selwer gesot huet, ech zitieren: „Au cours des négo-ciations au sein du Conseil, il est apparu rapidement qu'il y avait deux écoles, la première préconisant la reconnaissance mutuelle de toutes les décisions judiciaires comme de toutes les autres déci-sions des autorités judiciaires des différents pays membres..." - Dat ass also dann de Mandat d'arrêt, dee mer elo hei kennen. - "...", tan-dis que d'après la seconde école il faudrait d'abord procéder à une harmonisation du droit pénal au plan communautaire avant de pou-voir reconnaître systématiquement les décisions prises en matière pé-nale par les autorités judiciaires des différents États membres." An dann: „L'orateur adhère personnel-lement à la seconde école." Dat heescht, déi Positioun, déi mir als Gréng vertrieeden, ass am Fong dat, wat de Minister deemools sel-wer perséinlech vertrueden huet.

Dofir kann ech net novollzéien, fir-wat en dat elo esou schlémm fénnt. Mir sinn och net der Meenung, datt een all Schwéiervverbriecher soll la-fe loossen. Mir menge just, datt ee misst, ier datt et zu enger Ausliw-erungspolitik kënnt, eng gemein-sam Basis hu fir déi Ausliw-erungspolitik an datt d'Recon-naissance mutuelle net de richtige Wee ass. Déi Philosophie gëtt awer mat deem heite Projet verfestegt an éterniséiert, an do si mir der-géint.

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, ech wëll just soen, datt mer grad dofir eis op déi Lëscht vun deenen 32 Infrac-tioune gemaach hunn, well ech ge-sot hunn, ech si fir déi Schoul vun der Harmonisatioun, an dofir hunn ech gesot fir dat an dee Mandat d'arrêt do eranzebréngen. Mir wa-ren net d'accord, datt et géing fir sämtlech Infrac-tioune spillen, mä nëmme fir déi Infrac-tioune, déi soit harmoniséiert sinn, soit déi, wou mer an all eisen Droit-pénalen der Meenung sinn, datt dat do grave Infrac-tioune sinn, déi in etwa nämlechst considéiert ginn. Dofir huet sech am Fong déi Schoul vun der Harmonisatioun kombinéiert mat dem Prinzip vun der Recon-naissance mutuelle. D'duebel Incrimination bleift do bestoen, wou mer nach net um Wee si vun enger hallwer oder ganzer Harmonisa-tioun. Dofir, mengen ech, muss een dat Ganzt gesinn.

Mä mir stoungen zu engem gewë-sene Moment, nodeem mer we-sentlech Punkten duerchkritt hunn, virun der Fro: Soe mer jo oder nee heizou? An d'Fro ass: Soe mer jo oder nee zu enger schneller an ef-fikasser Bekämpfung vun der Kri-minalitéit an Europa?. An do war eis Äntwert kloer: Mir hu jo gesot.

■ **M. le Président.** - Den Här Henckes freet nach eng Kéier d'Wuert.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech mengen, Här Presi-dent, et muss een zwou Saache festhalen. Déi éischt ass, dass den Här Justizminister a sengen éisch-te Wieder och gesot huet, datt den Text nach munch Imperfektioune huet. Domadder hutt Dir ugefaan-gen.

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - All Text an Europa, deen e Kompromëss ass, dee vu 15 ugeholl gëtt!

(Interruptions diverses)

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Eng Feststellung.

Zweetens muss een och festhalen, datt mer alleguerte wëllen den Ter-rorismus an d'grouss Kriminalitéit bekämpfen. Dat Eenzegt wat mir gär hätten, dat si prezis Texter, well et ass jo och esou, datt hei d'Lëtze-buerger kënne vun deene Saache beträff sinn, datt mer also do mus-se kucken, datt mer hei déi Rech-ter, déi ons hei zoustinn, datt mer déi kënne bäibehalen.

An dat wat ech just wëll festhalen, dat ass, datt mer hei munech Pro-blemer nach opweises hunn, déi net geléist sinn, an et ass doduer-ger, wou ee muss awer als Opposi-tioun d'Recht behale fir e puer kri-tesch Wieder hei ze soen an ze bedauern, datt d'Regierung net mat der Chamberkommissioun déi iwwert déi Debatt definéiert huet. An ech wëll drop hiweisen, datt et och e gudde Moyen gewiescht wär fir d'Regierung fir aktiv ze hande-len, wa se plädéiert hätt fir déi Kon-ventiounne vun 1995 an 1997, déi deeselwechte Punkt um Ordre du jour haten, deeselwechten Objet haten, wa mer déi hätte kënnen an Europa iwwert d'Bühn bréngen. Do hate mer uerdentlech a prezis Tex-ter.

■ **M. le Président.** - D'Diskus-ioun ass elo ofgeschloss.

Kolleegen, mir kéimen normaler-weis elo zur Lecture vun den Arti-kelen. Ech maachen lech awer eng Proposition: Den Här Finanzminis-ter huet um sechs Auer en eu-ro-päesche Finanzminister, deen op hie waart. Mir géingen elo uschléis-send dat Gesetz, wat och a senger Kompetenz ass, nach virhuelen - et ass jo kee ganz laangt - an da géinge mer d'Lecture vun deenen zwéi Gesetzer matenee maachen, och de Vote.

Sidd Der domadder d'accord?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer also elo zur Diskus-ioun vun Projet de loi 5199 iwwert d'Titrisatioun. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Krecké, Graas, Gibéryen an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Hauptert.

11. 5199 - Projet de loi relative à la titrisation et portant modification de

- la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

- la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commis-sion de surveillance du secteur financier

- la loi du 27 juillet 2003 sur le trust et les con-trats fiduciaires

- la loi modifiée du 4 dé-cembre 1967 relative à l'impôt sur le revenu

- la loi modifiée du 16 octobre 1934 concer-nant l'impôt sur la for-tune

- la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. De Projet 5199 huet als Zil de ge-setzleche Kader ze schafen, fir den Développement vun engem neie Finanzprodukt fir eis Bankeplaz ze erméiglechen. Dëst neit Finanz-instrument heescht Titrisatioun oder op Däitsch och nach Verbrie-fung. D'Titrisatioun besteet doran, datt eng Gesellschaft, meeschtens handelt et sech ëm eng Bank, een Deel vum Aktiv vun hirem Bilan, a meeschtens sinn dat Créancen, enger anerer Gesellschaft, déi Or-ganisme de titrisation heescht, ver-keeft.

(Coups de cloche de la Prési-dence)

Deen Organisme de titrisation stellt, fir sech déi néideg Geldmët-tele fir de Kaf vun deene Créancen ze beschafen, Titren, dat heescht Aktien aus, déi hien u potenziell In-vestisseure verkeeft. Esou kann zum Beispill eng Bank X, déi en décke Portfeuille vun Autoskredit-ter huet a Liquiditéite brauch, dese Portfeuille engem Organisme de titrisation verkafen.

Hei stellt d'Fro sech natierlech vun dem Intérêt vun esou enger Opera-tioun. Fir d'Bank X läit den Intérêt op zwéi verschiddene Pläng. Eischtens, si ka sech nei Liquiditéite verschafen an déi a méi rentabel Produkter wéi Autoskredditer uleeën. Zweetens, well d'Banken obligéiert sinn, e gewëssenen Un-deel vun hire Kreditter duerch Eegekaptal ze decken, mussen se, wann deen obligatoreschen Undeel net méi assuréiert ass, ent-weder hiert Kapital erhéijen oder een Deel vun hire Kreditter liqui-dieren. D'Titrisatioun stellt an esou enger Situatioun eng gënsch-teg Geleeënheet fir e Finanzinstitut duer, een Deel vu senge Créancen ze verkafen an doduerch säin „Ra-tio Cooke“ ze verbessern. Dee Ratio ass fir d'Cotatioun vun enger Bank ganz wichteg, well e gudde Ratio hir erlaabt zu méi gënschte-ge Konditiounen Geld geléint ze kréien, wat fir d'Geschäft vun en-ger Bank immens wichteg ass.

Fir den Organisme de titrisation anerersäits stellt d'Operatioun e Geschäft mat engem gewëssene Risiko duer. Hie keeft e Portfeuille mat enger méi oder wéineger grousser Décote, dat heescht mat enger Präisdifferenz op, a wann en dann all Kreditter rembourséiert kritt, verdéngt e Geld op der Diffe-renz tëscht dem Akafspräis vum Portfeuille an dem Rembourse-ment vun de Kreditter. Fir den In-vestisseur schlussendlech stellt d'Titrisatioun en alternativen Inves-tissement zu den anere Bankpro-dukter duer. Et kann en Investisse-ment mat méi oder wéineger grousssem Risiko sinn, dofir awer méi rentabel wéi aner Produkter.

Anerersäits awer, well de Porte-feuille mat den Autoskredditer zum Beispill mat all de Garantien, déi domat verbonne sinn, aus dem Bi-lan vun der Bank X an dee vun der Organisation de titrisation transfé-réiert gëtt, stellt de Portfeuille vun den Autoskredditer d'exklusiv Ga-rantie vun den Investisseuren duer. Seng Garantie kann also méi grouss si wéi wann e bei der Bank X selwer investéiert hätt. Am Fall vun enger Faillite vun der Bank X nämlechst wär den Investisseur mat senger Créance a Concurrence mat allen anere Créanciere vun der Bank getratt an hätt vläicht manner

aus sengem Investissement eraus-kritt wéi dat am Fall vum Recouvrem-ent vun de Créancen duerch den Organisme de titrisation wär. Dat, wat den Intérêt vun der Titrisatioun fir déi betrafte Parteien ubelaangt.

De Projet stellt also de gesetzleche Kader fir den Développement vun dem Titrisatioungeschäft op der Finanzplaz Lëtzebuerg duer. De Projet ass gekennzeechent duerch eng grouss Souplesse fir d'Titrisa-tiounsoperatiounen zu Lëtzebuerg kënnen duerchzeféieren. D'Zil vum Projet ass fir eng Prozedur opze-stellen, déi d'Titrisatioun zu engem rasonnabele Käschtepunkt erméi-glecht, déi d'Protektioun vun den Investisseuren an d'Kontroll vun dem Risiko awer seriö reglemen-téiert. Den Opbau vum Projet gesäit folgendermoossen aus: Un éischter Stell definéiert e wat Titi-ratioun ass a bestëmmt d'Formen ënnert deenen den Organisme de titrisation fonctionnéiere kann. Hei muss ee bemierken, datt den Or-ganisme de titrisation entweder als Kapitalgesellschaft oder als Fong ka fonctionnéieren, eng Differenz, déi um steierleche Plang vu grou-sser Wichtigkeit ka sinn.

Des Weideren zielt de Projet d'Kon-ditiounen op, déi en Organisme muss erfëlle fir bei eis zu Lëtze-buerg agrééiert kënnen ze ginn an definéiert d'Surveillance vun Or-ganisme duerch d'CSSF, dat heescht duerch d'Commission de sur-veillance du secteur financier. Des Weidere leet de Projet d'Dispo-sitiounen vun der Liquidatioun vun dem Organisme de titrisation fest. Hie fixéiert d'Konditiounen wéi d'Konte gefouert musse ginn, wel-cher Revisioun hien ënnerworf ass a wellech steierlech Dispositiounen fir hien applicabel sinn. Dann hält de Projet och d'Risikoe fest, déi ti-triséiert kënne ginn. Hei geet de Projet méi wäit wéi d'Gesetzer vun eisen Nopeschlänner andeems en d'Titrisatioun vun deene verschi-denen Aktivpostéi vun engem Bilan erméiglecht, jo esouguer Risiken, déi sech aus den Engagementer, déi eng Entreprise agaangen ass, erginn, oder och nach Risiken, déi sech aus hirer Aktivitéit erginn. An anere Länner ass d'Titrisatioun op d'Créance limitéiert.

Des Weidere gesäit de Projet d'Rechter an d'Flichte vun den In-vestisseuren an de Créanciere vun dem Organisme de titrisation vir. Hien definéiert d'Rechter an d'Flichte vun dem Représentant fi-duciaire, en neie Beruff fir eis Fi-nanzplaz, deem seng Missioun do-ra besteet, d'Gestioun an d'Vertei-digung vun den Interesse vun den Investisseuren ze assurieren. Des Weidere fixéiert de Projet d'Sank-tiounen, deenen d'Opérateuren am Titrisatioungeschäft ausgesat sinn, wann hinnen Irregularitéiten an der Ausübung vun hirer Mis-sioun ënnerlafen. A schlussend-lech gesäit de Projet déi Modifika-tiounen un de Gesetzer iwwert d'Fi-nanzplaz, deem seng Missioun do-ra duerch d'Aféierung vun der Titi-ratioun virgeholl musse ginn.

Ech ginn hei net am Detail op de Projet an. D'Detailer fannt Der am schrëftleche Rapport vun der Kom-missiou. Erlaabt mer just kuerz op déi steierlech Moossnamen anze-goen, déi de Projet encadréieren an déi wesentlech zum Succès vun dem Titrisatioungeschäft op der Finanzplaz Lëtzebuerg bäidro-e wäerten.

1) D'Titrisatiounsfongen, also d'Fongen an net d'Titrisatioungs-ge-sellschaften, si mat Ausnahm vun dem Droit d'apport kenger anerer Steuer bei eis am Land ënnerworf, an d'Resultater, déi se ausschë-den, ënnerleien och kenger Rete-nue à la source a sinn och net bei dem Steuerzueler, deen net hei zu Lëtzebuerg wunnt, ze besteieren. Si ënnerleien also och net wéi déi meescht Investitiounsfongen der Taxe d'abonnement.

2) Den Droit d'apport vun engem Organisme de titrisation gëtt zu en-gem fixé Betrag erhuewen, deen 1.250 Euro net iwwerschreiden daërf.